Sylvie Bodé

Phonologesch Bewosstheet am Spillschoulsalter

Zesumme mam:

Antoinette Beffort
Sylvie Heinen
Pia Jenn
Martine Kinnen
Alexandra Larosch
Michèle Lemmer
Tania Mersch
Nadine Rasqué

Université du Luxembourg - Campus Walferdange

Phonologesch Bewosstheet am Spillschoulsalter

Sylvie Bodé	Geb. 1972, Dr., Diplom-Psychologin
1996	Diplomaarbecht iwwert d'Lies- a Schreifstrategien vu Leit mat IMC an Anarthrie oder Dysarthrie (ULB, mam J. Alégria)
1996-1997	Konsultatioun fir d'Schoulkanner, d'Elteren an d'Léierpersonal (IMC Bréissel, Service Médico-Psycho-Pédagogique, Centre d'Education Différenciée)
1997 bis haut	Enseignant-Chercheur ISERP / UdL Campus Walfer
1998-2001	Doktoraarbecht iwwert de positiven Afloss vun der phonologescher Bewosstheet op d'Liesen- a Schreiweléieren (ULB, mam A. Content)
1998 bis haut	Weiderbildung zum Thema 'Virbereedung op d'Liesen- a Schreiweléieren : D'phonologesch Bewosstheet am Spillschoulsalter'. (ISERP / UdL Campus Walfer)
1998 bis haut	National an international Konferenzen zum Thema ‚D'Roll vun der phonologescher Bewosstheet beim Liesen- a Schreiweléieren.' (Amsterdam, Berlin, Bréissel, Eupen, Pisa)

Sylvie Bodé

Phonologesch Bewosstheet am Spillschoulsalter

Zesumme mam:

Antoinette Beffort
Sylvie Heinen
Pia Jenn
Martine Kinnen
Alexandra Larosch
Michèle Lemmer
Tania Mersch
Nadine Rasqué

Université du Luxembourg - Campus Walferdange

Dës pädagogesch Applicatioun vu wëssenschaftlechen Étuden ass am Kader vun engem R&D Projet entwéckelt ginn, deen de Ministère de la Culture, de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche finanzéiert huet.

1. Oplo

Lëtzebuergesch Orthographie: Jerome Lulling
Productioun: Schortgen, Esch-sur-Alzette, Luxembourg
ISBN : 2-87953-107-1

© 2004
Dëse Programm esou wéi all seng Deeler ënnerstinn dem Droit d'Auteur. All Verwennung ausserhalb vun den enke Grenze vum Droit d'Auteur sinn ouni de schrëftlechen Accord vum Auteur onzoulässeg a strofbar. Dat gëllt ënner anerem fir d'Kopéieren esou wéi fir d'Aspäicheren an d'Veraarbechten an elektronesche Systemer.

Fir weider Exemplairen ze bestellen:
Université du Luxembourg
Campus Limpertsberg
Service de Communication
162A, avenue de la Faïencerie
L-1511 Luxembourg

Tel. 46 66 44 560
Fax 46 66 44 561

D'Fäegkeet an d'Wierder eranzelauschteren, spillt eng wichteg Roll beim Liesen- a Schreiweléieren. Dës Fäegkeet ka scho lues a lues an der Spillschoul entwéckelt ginn, fir esou den Iwwergang an d'éischt Schouljoer méi fléissend ze gestalten.

Am stännegen Échange mat engem ganze Koup Enseignanten ass dës Spillsammlung an deene leschte 6 Joer zu deem erugewuess, wat se haut ass: Eng experimentell-poetesch Spillkëscht, déi Iech an Är Klass op der Entdeckungsrees an d'Wuert begleede soll.

AFÉIRUNG

1. Sënn an Zweck vun der Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet 11
1.1. D'Sproochbewosstheet allgemeng. 10
1.2. Wat heescht ‚phonologesch Bewosstheet'? 10
1.3. D'phonologesch Bewosstheet an d'Liesen- a Schreiweléieren 11
1.3.1. Den direkten Zesummenhang mat der Sensibilitéit fir de Laut
1.3.2. Den Zesummenhang mat der Sensibilitéit fir d'Silb
1.3.3. Den Zesummenhang mat der Sensibilitéit fir de Reim
1.4. Positiv Konsequenze vun der fréier Förderung 12
1.5. D'Phonologesch Bewosstheet: E wichtege Baustee vu villen. 14

2. Wéi ka mat dëser Spillkëscht geschafft ginn? 15

2.1. Vum Einfachen zum méi Schwéieren 15
2.2. Besser regelméisseg e bësse wéi heinsdo ganz vill 15
2.3. Individuell Ënnerscheeder 16
2.4. Fir eng ganzheetlech Förderung vum Kand 16
2.5. U wien adresséiert sech dës Spillkëscht ?
2.5.1. Fir d'Aarbecht mat de Kanner aus dem 1. an 2. Spillschoulsjoer
2.5.2. Fir d'Aarbecht mat de Kanner, déi net Lëtzebuergesch doheem schwätzen
2.5.3. Fir d'Aarbecht mat de Kanner, déi keng kloer Aussprooch hunn
2.6. Nach e puer praktesch Informatiounen 16

3. Bibliographie. 18

Léif Enseignante,
Léiwen Enseignant,
Léif Elteren,

Fir d'Spillkëscht flott an d'Klassenaktivitéiten afléissen ze loossen an esou de Kanner hir Entwécklung an dësem Beräich gutt ze ënnerstëtzen, ass et wichteg, datt Dir Iech kuerz Zäit huelt dës kleng Aféierung duerchzegoen. En éischten Deel erlaabt de **Sënn an Zweck** vun der Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet ze verstoen. Den zweeten Deel geet kuerz op **aner wichteg Elementer bei der Virbereedung op d'Liesen- a Schreiweléieren** an. Ofschléissend beliicht den drëtten **Deel d'Aart a Weis fir mat dëser Aktivitéitssammlung ze schaffen.**

1. Sënn an Zweck vun der Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet: Op d'Liesen- a Schreiweléiere virbereeden

1.1. D'Sproochbewosstheet allgemeng

Mat der **Sproochentwécklung** baut d'Kand déi verbal Kommunikatioun mat senge Matmënschen op. Et léiert Gedanken a Gefiller iwwert dëse Wee auszetauschen an ze entwéckelen. Am Ufank ass d'Wuert esou wéi d'Saach, op déi dat Wuert verweist, nach een an datselwecht fir d'Kand. Eréischt no an no entwéckelt et eng **Sproochbewosstheet** (eng Meta-Spooch). Dat heescht, d'Kand entdeckt d'Sprooch lassgeléist vum Géigestand. D'Kand entdeckt zum Beispill, datt et ka Wierder erfannen déi kléngen, reimen oder rhythmesch sinn, ouni awer op e Géigestand ze verweisen. Am Ufank vum Liesen- a Schreiweléiere spillt d'Sproochbewosstheet eng wichteg Roll. Och hei gëtt d'Sprooch Géigestand vun der Iwwerleeung. Hei muss d'Kand z.B. iwwer d'Bedeitung eraus an d'Wuert eralauschteren.

1.2. Wat heescht, phonologesch Bewosstheet' ?

D'phonologesch Bewosstheet ass **een Element vun der Sproochbewoosstheet.**

Ënnert phonologescher Bewosstheet versteet een **d'Fäegkeet seng auditiv Opmierksamkeet iwwer d'Bedeitung vum geschwatene Wuert ewech, och op linguistesch Eenheeten, wéi de Reim, d'Silb an den eenzelne Laut (de Phonem) ze riichten.**

Mir ënnerscheeden tëschent:
- **der Sensibilitéit fir de Reim,**
- **der Sensibilitéit fir d'Silb,**
- **der Sensibilitéit fir den eenzelne Laut** (och nach Phonembewosstheet genannt).

D'phonologesch Bewosstheet **huet näischt mat Buschtawen ze dinn!** Et geet vill méi ëm dat geneet **Eralauschteren an d'geschwatent Wuert.**

1.3. D'phonologesch Bewosstheet an d'Liesen- a Schreiweléieren

1.3.1. Den direkten Zesummenhang mat der Sensibilitéit fir de Laut

Am Ufank vum Liesen- a Schreiweléieren ass et ganz wichteg, datt d'Kand an d'Wuert eralauschtere kann. Nëmme wann d'Kand **déi eenzel Lauter aus dem Wuert eraushéiert, kann et och den Zesummenhang tëschent dem Laut an dem Buschtaf entdecken a verstoen.** Et kann esou d'**Laut-Buschtawe-Korrespondenz beim Liesen- a beim Schreiwen uwennen.**

Beim Liesen- a Schreiweléieren ass d'Entdecke vun dësem Zesummenhang tëschent Lauter a Buschtawen **e ganz wichtege Schrëtt.** Duerch d'Uwenne vun de Laut-Buschtawe-Korrespondenze muss d'Kand net all neit Wuert auswenneg léieren, mee et ka selwer nei **Wierder liesen oder schreiwen.** Dëst ass e wichtege Schrëtt um Wee vum Liesen- a Schreiweléieren.

1.3.2. Den Zesummenhang mat der Sensibilitéit fir d'Silb

D'Sensibilitéit fir d'Silb ass eng **Virstuf vun der Sensibilitéit fir de Laut** an hänkt indirekt mam Liesen- a Schreiweléieren (Phonembewosstheet) zesummen. Am Géigesaz zum eenzelne Laut gëtt d'Silb **staark vum Rhythmus vun der Sprooch geprägt.** Beim rhythmeschen Ofzielen oder beim Sange gëtt zum Beispill ganz spontan a Silben zerluecht. D'Sensibilitéit fir d'Silb erliichtert d'Entwécklung vun der Sensibilitéit fir den eenzelne Laut.

1.3.3. Den Zesummenhang mat der Sensibilitéit fir de Reim

Besonnesch am Spillschoulsalter begeeschtert a faszinéiert de Reim. De Reim ass duerfir eng flott **Aart a Weis fir eng éischte Kéier mam Kand an d'Wuert eranzelauschteren.** De Reim spillt och beim Liesen- a Schreiweléieren eng Roll: **Wierder, déi hannen d'nämmlecht kléngen (reimen), gi ganz dacks (wann och net ëmmer) hannen d'nämmlecht geschriwwen.**

Am Résumé:

D'phonologesch Bewosstheet ass **een Element vun der Sproochbewoosstheet.**

D'phonologesch Bewosstheet ass e wichtege Baustee vum Liesen- a Schreiweléieren.

Ënnert **phonologescher Bewosstheet** versteet een **d'Fäegkeet seng auditiv Opmierksamkeet** iwwer d'Bedeitung vum geschwatene Wuert ewech, och op **linguistesch Eenheeten**, wéi de Reim, d'Silb an den eenzelne Laut (de Phonem) ze **riichten**.

Wichteg: D'phonologesch Bewosstheet **huet näischt mat Buschtawen ze dinn!**

Verschidden Etappe vun der Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet sinn:
- **D'Sensibilitéit fir de Reim:** En éischte Kontakt mam Klang vum Wuert .
- **D'Sensibilitéit fir d'Silb:** Eng Virstuf vun der Sensibilitéit fir den eenzelne Laut.
- **D'Sensibilitéit fir den eenzelne Laut:** E wichtege Moment um Wee fir Liesen a Schreiwen ze léieren.

1.4. Positiv Konsequenze vun der fréier Förderung

Fir eis ass et einfach, beim Schreiwen déi eenzel Lauter aus dem Wuert erauszehéieren. Duerfir vergiesse mir heiansdo, wat dëse Schrëtt fir e Kand am Ufank vum Liesen- a Schreiweléiere bedeit. Duerch eng **spilleresch Förderung vun der phonologescher Bewosstheet** kann d'Spillschoulskand sech no an no mat de Lauter am Wuert ausernee setzen a sech lues a lues un d'Lauter an de Wierder eruntaaschten.

An deene leschte Joeren hunn e ganze Koup international Recherchë gewisen, datt déi Kanner, déi an der Spillschoul regelméisseg Spiller zur Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet gemaach hunn, **am 1. an am 2. Schouljoer besser Resultater am Liesen an am Schreiwe erreechen.** Dëst gëlt fir d'Kanner allgemeng a ganz besonnesch fir déi Kanner, déi an der Spillschoul méi Schwieregkeeten haten, an d'Wuert eranzelauschteren. Déi regelméisseg Förderung vun der phonologescher Bewosstheet an der Spillschoul huet erlaabt, **d'Zuel vun de Kanner mat Lies- a Schreifschwieregkeeten erofzesetzen.** Dëst weisen och d'Resultater vun enger Étude, déi zesumme mat 41 Spillschoulsklassen hei zu Lëtzebuerg duerchgefouert ginn ass.



Bodé, S. (2001). Étude de l'effet d'un programme d'entraînement sur le développement de la conscience phonologique et l'apprentissage du langage écrit dans un système orthographique transparent. Thèse de doctorat présentée pour l'obtention du grade de Docteur en Sciences Psychologiques à l'Université Libre de Bruxelles.

Am Résumé:
Positiv Konsequenze vun der systematescher Förderung vun der phonologescher Bewosstheet an der Spillschoul

- Méi e **fléissenden Astig an d'Liesen- a Schreiweléieren.**
- **Reduktioun vum Risiko vu Lies- a Schreifschwieregkeeten** am Ufank vum Liesen- a Schreiweléieren.

1.5. D'Phonologesch Bewosstheet: E wichtege Baustee vu villen

Et ass wichteg, net ze vergiessen, datt **d'Liesen- an d'Schreiweléieren eng ganz villschichteg a komplex Aktivitéit** ass. Dëst gëlt och fir d'Virbereedung op d'Liesen- a Schreiweléieren.

D'phonologesch Bewosstheet ass **e wichtege Baustee** bei der Virbereedung op d'Liesen- a Schreiweléieren, **ma net deen eenzegen.** Och wann dës Spillkëscht als Zil huet, d'phonologesch Bewosstheet ze stimuléieren, **ginn ëmmer erëm Piste virgeschloen, wéi dëst an e ganzheetlecht Léieren integréiert ka ginn.**

Déi geschwate Sprooch bilt e ganz wichtege Baustee fir d'Schrëftsprooch. Éischtens ass **de kommunikativen Aspekt,** den **Austausch vum Sënn** (z.B. Kress, 1997), d'Loscht sech matzedeelen a sech auszetauschen **den Ursprong** esouwuel **vun der verbaler wéi och vun der geschriwwener Sprooch.**

Déi geschriwwe Sprooch baut op déi geschwate Sprooch op. Besonnesch am Ufank vum Liesen- a Schreiweléiere **gëtt déi geschriwwe Sprooch** duerch d'Uwenne vu Laut-Buschtawe-Korrespondenze **staark vun der geschwatener Sprooch ofgeleet** (z.B. Marx, 1997). Schwätzen ech e Wuert anescht aus oder schlécken ech en Deel of, ass d'Chance grouss, datt ech d'Wuert och esou schreiwen.

Beim **Ëmgang mam Buch** läit och d'Entdecke vun der **Schrëft als Symbol** ganz no. Am Kontakt mam Buch oder mat der Schrëftsprooch am Alldag (z.B. Markenzeechen) entdeckt d'Kand, datt och e visuellt Zeechen, e Symbol oder e geschriwwent Wuert, eng Saach representéiere kann (z.B. Füssenich, 2003).

Weider ass d'Beweegung e wichtegt Element um Wee zum Liesen- a Schreiwen. Iwwer déi **grouss Beweegungen** (Grobmotorik) kënnt d'Kand lues a lues op déi méi reng a **kleng Beweegungen** (Feinmotorik). Iwwer d'**Gefill vum eegene Kierper am Raum** kënnt d'Kand zur Orientatioun um Blat (z.B. Zimmer, 1993).

Niewent der **auditiver Analys** spillt och déi **visuell Analys** eng Roll beim Liesen- a Schreiweléieren. Besonnesch bei Buschtawen, déi ähnlech ausgesinn, muss d'Kand ganz genee kucken, fir déi zwee auserneen ze halen (z.B. Marx, 1997).

Och wann dës Spillkëscht sech op d'Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet konzentréiert, ginn ëmmer erëm Brécken zu anere Beräicher geschloen. D'Spillkëscht fänkt u mam **Lauschteren** a mam **Geräischmaachen** (mam eegene Kierper, mat verschiddene Géigestänn ...). De Reim gëtt **mam Lidd a mam Gedicht** a Verbindung gesat. Hei si **Fanger-, Handlungs- an Ofzielreim** besonnesch interessant, well si och erlaben ze wibbelen. D'Silb gëtt staark mam **Rhythmus vun der Sprooch a vun der Beweegung** verbonn. A schlussendlech gëtt de Laut mam **Entdecke vun der Artikulatioun** agefouert. Hei gëtt och vill mat de Kanner hiren Nimm geschafft. Bei all Aktivitéit **sollen d'Wierder esou gewielt ginn, datt d'Wuert Sënn fir d'Kand mécht.**

Fir déi ganz Spillkëscht gëllt op jiddefall: **Probéiert d'Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet an déi lafent Aktivitéiten an Ärer Klass ze integréieren. D'Spillkëscht soll eng Starthëllef dobäi sinn.**

2. Wéi ka mat dëser Spillkëscht geschafft ginn?

2.1. Vum Einfachen zum méi Schwéieren



Den Opbau **vum Einfachen** (Reimbewosstheet) **zum méi Schwéieren** (Lautbewosstheet) iwwer Zwëschenetappen (d'Silbebewosstheet) spigelt de Grondgedanke vun dëser Spillkëscht erëm. Dësen Opbau **hëlleft déi verschidde Kanner aus der Klass ze situéieren an Aktivitéiten ze plangen, déi fir si interessant sinn.**

Weider ass et awer och wichteg ze wëssen, datt et sech hei ëm **eng vereinfacht Duerstellung handelt.** D'Wierklechkeet ass net esou lineär wéi duergestallt. Eng Entwécklung fänkt net zu engem ganz präzise Moment un an ass och net zu engem bestëmmte Moment ganz ofgeschloss. **D'Lauschteren, d'Reimen an dat Rhythmescht zerleeën a Silbe kënne liicht matenee kombinéiert ginn.** An enger zweeter Etapp soll awer dat **bewosst Zerleeën a Silbe kloer vum Entdecke vum eenzelne Laut getrennt ginn.** Dëst erlaabt Konfusiounen ze vermeiden.

Och **innerhalb vun all Unitéit** (Lauschterspiller, Reimspiller, Silbespiller...) sinn d'Aktivitéiten, esou wäit wéi méiglech, **no hirem Schwieregkeetsgrad gestaffelt.** Natierlech fënnt ee **Variatioune vu Kand zu Kand a vu Klass zu Klass. Wichteg ass et duerfir op ze si fir de Kanner hir spontan Iwwerleeungen an Iddien.**

Déi verschidde Schwieregkeetsgraden no allgemengen Tendenze mussen net fir all Kand gëlteg sinn.

2.2. Besser regelméisseg e bësse wéi heinsdo ganz vill

Fir d'Sensibiliéit fir d'Lauter am Wuert lues a lues ze entwéckelen, ass et wichteg **d'Spiller all Dag an dat iwwert dat ganzt Schouljoer ëmmer erëm afléissen ze loossen.** D'Kanner sollen eppes Neies entdecken a léieren. Doduerch datt d'Aktivitéiten zu enger Unitéit (z.B. Reimen, Silben, ...) **sech iwwert e puer Wochen erstrecken a regelméisseg** (am beschten all Dag) **kuerz opgegraff ginn**, kréien d'Kanner déi Zäit, déi si brauchen, fir sech mat der Saach auserneen ze setzen. Des Regelméissegkeet ass **besonnesch wichteg fir déi Kanner, fir déi d'Spill mat der Sprooch an d'Eralauschteren an d'Wuert nach eppes ganz Neies ass.** Si sollen an der Spillschoul **déi Zäit kréien, déi si brauche** fir sech hei erunzetaaschten. Dëst mam Zil duerno **den Iwwergang zum Liesen- a Schreiweléiere méi einfach a fléissend ze gestalten.**

2.3. Individuell Ënnerscheeder

Zu engem bestëmmte Moment **stinn d'Kanner op ganz verschiddenen Etappe vun hirem Entwécklungswee.** Während déi eng de Klang an de Rhythmus vun der Sprooch nei fir sech entdecken, hunn déi aner schon eng verdéifte Reflexioun iwwer de Laut am Zesummenhang mam Buschtaf gefouert. Déi verschidde **grouss Etappe vun der Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet** (duerch d'Träppchen uewen duergestallt) erlaben **d'Kand op sengem Entwécklungswee ze situéieren.** Wéi eng Fäegkeeten huet d'Kand schonn entwéckelt, wéi eng Fäegkeeten ass et amgaangen ze entwéckelen an zou wéi enge Fäegkeeten huet d'Kand nach guer keen Zougang. Eng Äntwert op dës Froe fannt Dir an der **Beobachtung vum Kand** esou wéi **am Dialog mam Kand.**

2.4. Fir eng ganzheetlech Förderung vum Kand

Wéi schonns ugeschwat ass d'**phonologesch Bewosstheet ee wichtege Baustee vu ville** bei der Virbereedung op d'Liesen- a Schreiweléieren. Och wann dës Spillkëscht sech op d'Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet konzentréiert, ginn ëmmer ërem **Brécken zu aneren Entwécklungsberäicher** virgeschloen. **Baut dës aus a schlot nei Brécken** andeems der **d'Aktivitéiten zur phonologescher Bewosstheet an de Projet vun Ärer Klass afléisse loosst.** Gitt dem **Dialog mam Kand** eng wichteg Plaz. **Esou gesitt Dir am beschte wou déi eenzel Kanner stinn, wat hir Iwwerleeungen iwwer d'Sprooch sinn a wat déi nächst interessant Schrëtt sinn.**

2.5. U wien adresséiert sech dës Spillkëscht ?

2.5.1. Fir d'Aarbecht mat de Kanner aus dem 1. an 2. Spillschoulsjoer

D'Haaptzil vun dëser Spillkëscht ass, fir d'Kanner op d'Wuert an d'Eralauschteren an d'Wuert ze sensibiliséiere fir esou den Iwwergang op d'Liesen- a Schreiweléiere méi fléissend ze gestallten an de Risiko vu Lies- a Schreifschwiergekeeten ze reduzéieren. Duerfir riicht dës Spillkëscht sech **un all d'Spillschoulskanner a ganz besonnesch un déi Kanner aus dem 2. Spillschoulsjoer, fir déi dës Aktivitéiten nach méi schwéier sinn.** Et ass ganz wichteg, datt si an der Spillschoul déi Zäit kréien, déi si brauche fir eng Sensibilitéit fir d'Lauter am Wuert ze entwéckelen. **Esou kann de Risiko vu Lies- a Schreifschwieregkeeten am 1. Schouljoer reduzéiert ginn.**

2.5.2. Fir d'Aarbecht mat de Kanner, déi net Lëtzebuergesch doheem schwätzen

- Et ass wichteg **Wierder** ze gebrauchen, **déi d'Kanner scho kennen** an ënnert deene si sech eppes virstelle kënnen.
- Bei den Aktivitéiten aus der Spillkëscht gëtt sech **Zäit geholl fir d'Wuert genee ze lauschteren a genee auszeschwätzen.**
- Wann d'Kanner z.B. beim Reimwierdersiche kee Wuert fannen, **kann och op Wierder aus anere Sproochen oder op Phantasiewierder zréckgegraff ginn.**
- Wann e Kand Deeler vun engem Wuert vergësst oder ofschléckt: D'Wuert **a Silbe klappen hëlleft dëst Wuert ze strukturéieren,** genee ze verhalen a genee auszeschwätzen.
- Fir **Kanner, déi ganz wéineg oder guer net schwätzen,** ass d'Klangmolerei an d'Spill mat der eegener Stëmm eng gutt Geleeënheet fir hirer Stëmm eng Plaz an der Klass ze ginn.
- Vill Kanner, déi Lëtzebuergesch als zweet Sprooch erléiert hunn, weisen **eng iwwerraschend grouss Sensibilitéit fir d'Lauter an der Sprooch.** Dëst ass doduerch ze erklären, datt si sech scho méi intensiv mat der Sprooch ausernee gesat hu wéi monolingual Kanner. Dësen Avantage ka sech awer nëmmen da weisen, wann Dir Wierder wielt, deenen hir Bedeitung d'Kand scho kennt.
- **Opgepasst: Dës Spillkëscht ass kee Lëtzebuergeschprogramm!**

2.5.3. Fir d'Aarbecht mat Kanner, déi keng kloer Aussprooch hunn

- Dës Kanner kënnen dovu profitéieren, datt sech bei den Aktivitéiten **Zäit geholl gëtt fir genee an d'Wuert eranzelauschteren an d'Wuert genee auszeschwätzen.**
- Weider kënnen dës Kanner vun den **Aktivitéiten zur Klangmolerei, zur Artikulatioun an zu deenen eenzelne Lauter** profitéieren.
- **Opgepasst: Dës Spillkëscht ass kee geziilte Programm fir Kanner mat Aussproochschwieregkeeten!**

2.6. Nach e puer praktesch Informatiounen

D'Aktivitéite sollen d'Kanner zum Eralauschteren an d'Wierder motivéieren an hinnen d'Loscht um Spill mat de Lauter vermëttelen. Dat Ganzt soll eng Entdeckungsrees sinn, déi Spaass mécht.

- D'Aktivitéite sollen esou wäit wéi méiglech a**n de Projet integréiert ginn, deen an Ärer Klass leeft.**

- Wielt Wierder, déi eppes mam Projet ze dinn hunn, dee grad an der Klass leeft. Esou kennen d'Kanner d'Bedeitung vun dëse Wierder an hunn en affektive Lien duerzou. Aus deem nämmlechte Gronn eegene sech och **de Kanner hir Nimm** ganz gutt als Ausgangsbasis.

- Zéckt net **eege Spillformen** zu deenen eenzelne Beräicher (Lauschterspiller, Reimspiller, ...) auszeprobéieren.

- Mat Hëllef vu **selwergebastelten Theme-Pousteren oder –Bichelcher, Gesellschaftsspiller oder selwer enregistréierte Kassetten** hunn d'Kanner d'Méiglechkeet ëmmer erëm selwer op Aktivitéiten zréckzekommen a sech domat auserneen ze setzen. Sou léiert ee Kand och vum aneren.

- **D'Billerkaarten** (eventuell aus enger Billerkartei) weisen all Kand nach eng Kéier d'Bedeitung vum Wuert an dat eragelauschtert gëtt. Bei verschiddene Kanner hëllefe se och d'Opmierksamkeet anzefänken.

- Well vill iwwer den auditive Kanal leeft, erliichtert **de Gebrauch vum Walkman an d'Ophuele vun eegene Kassetten** dat individuellt Schaffe mam eenzelne Kand.

- Well fir vill **Elteren** d'Aktivitéiten aus der Spillkëscht nei sinn, ass et interessant hinnen am Ufank vum Joer de Sënn an Zweck vun dësen Aktivitéiten ze erklären.

- Interessant ass et och, Kontakt mat dem **Enseignant aus dem 1. Schouljoer** opzehuelen an hien ze informéieren, wat Dir mat Ärer Klass iwwer d'Joer gemaach hutt. Wann Dir him matdeelt, wat d'Kand scho gutt kann, respektiv wat nach schwéier fir dat eent oder anert Kand ass, kann hien d'Kanner vun Ufank u méi geziilt förderen an esou de Risiko vu Lies- a Schreifschwieregkeete reduzéieren.

Am Résumé:
- D'Spiller an d'Aktivitéite si **vum Einfachen zum méi Schwéiere** strukturéiert.
- Fir d'Kand op senger Entdéckungsrees an d'Wuert ze begleeden, sollen dës Aktivitéiten **iwwer dat ganzt Schouljoer an de Projet vun der Klass afléissen.**
- **Gitt vun de Kanner aus Ärer Klass aus,** drot hirer Entwécklung an hiren Interesse Rechnung.

Mir wënschen Iech an de Kanner aus Ärer Klass vill Freed an Erfolleg beim Eralauschteren an d'Wierder!

3. Bibliographie

Wéiderféierend Literatur

Einsiedler, W., & Kirschhock, E.-M. (2003). Forschungsergebnisse zur phonologischen Bewusstheit. *Grundschule*, 9, 55-57.
Frank, A., Kirschhock, E.-M., & Martschinke, S. (2003). Der Rundgang durch Hörhausen. *Grundschule*, 9, 58-61.
Franzkowiak, T. (2003) Kinder experimentieren mit Schrift und bildhaften Bliss-Symbolen. *Grundschule*, 9, 49-50.
Füssenich, I. (2003). Training oder Einsicht beim Lernen und Lehren der Schriftsprache? *Grundschule*, 9, 36-40.
Inckemann, E. (2003). Training der phonologischen Bewusstheit. Eine Chance für zweisprachige Kinder? *Grundschule*, 9, 41-44.
Küspert, P. (2002). Vorbeugen ist besser! *Spielen und Lernen*, 6, 24-28.
Mannhaupt, G. (2003). Früherkennung und Prävention von Problemen im Schriftspracherwerb. *Grundschule*, 9, 45-48.
Peschel, Falko (2003). Fördern oder fordern? Für einen übungsintegrativen Sprachunterricht statt Teilleistungsübungen. *Grundschule*, 9, 62- 64.
Richter, S. (2003). Freies Schreiben und systematischer Rechtschreibunterricht. *Grundschule*, 9,

Wëssenschaftlech Literatur

Wat heescht ‚phonologesch Bewosstheet' ?

Morais, J. (1994), L'art de lire. Paris : Editions Odile Jacob.

D'phonologesch Bewosstheet an d'Liesen- a Schreiweléieren

Bus, A. G., & van Ijzendoorn, M. H. (1999). Phonological awareness and early reading: A meta_analysis of experimental training studies. *Journal of Educational Psychology*, 91, 403-414.

Den direkten Zesummenhang tëscht der Sensibilitéit fir de Laut an dem Liesen- a Schreiweléieren

Byrne, B. (1996). The learnability of the alphabetic principle: Children's initial hypotheses about how print represents spoken language. *Applied Psycholinguistics*, 17, 401-426.
Byrne, B., & Fielding_Barnsley, R. (1989). Phonemic awareness and letter knowledge in the child's acquisition of the alphabetic principle. *Journal of Educational Psychology*, 81, 313-321.
Ehri, L., Nunes, S. R., Stahl, S.A., & Willows, D.M. (2001) Systematic phonics instruction helps students learn to read: Evidence from the National Reading Panel's meta-analysis. *Review of Educational Research*, 71(3), 393-447.
Gibb, C., & Randall, P. E. (1988). Metalinguistic abilities and learning to read. *Educational Research*, 30, 135-141.
Mousty, P., Leybaert, J., Alegria, J., Content, A., & Morais, J. (1994). BELEC: Une batterie d'évaluation du langage écrit et de ses troubles. In J. Grégoire & B. Piérart (Eds.), *Evaluer les troubles de la lecture : Les nouveaux modèles théoriques et leurs implications diagnostiques* (pp.127-145). Bruxelles: De Boeck Université.
Murray, B. A. (1998). Gaining alphabetic insight: Is phoneme manipulation skill or identity knowledge causal ?. *Journal of Educational Psychology*, 90, 461-475.
Share, D. L. (1995). Phonological recoding and self-teaching: sine qua non of reading acquisition. *Cognition*, 55, 151-218.

Den Zesummenhang tëscht der Sensibilitéit fir d'Silb an dem Liesen- a Schreiweléieren

Bryant, P. E. (1990). Phonological development and reading. In P. D. Pumfrey & C. D. Elliot (Eds.), *Children's difficulties in reading, spelling and writing:* Challenges and responses (pp. 63-82). London: Falmer.
Fox, B., & Routh, D. K. (1975). Analysing spoken language into words, syllables, and phonemes: A developmental study. Journal of Psycholinguistic Research, 4, 331-342.
Leong, C. K., & Haines, C. F. (1978). Beginning readers' analysis of words and sentences. *Journal of Reading Behavior*, 10, 393_407.

Liberman, I. Y., Shankweiler, D., Fischer, F. W., & Carter, B. (1974). Explicit syllable and phoneme segmentation in the young child. *Journal of Experimental Child Psychology*, 18, 201-212.
Marx, H. (1997). Erwerb des Lesens und des Rechtschreibens: Literaturüberblick. In F.E. Weinert & A. Helmke (Eds.), *Entwicklung im Grundschulalter* (p.85-111). Weinheim: Psychologie Verlags Union.
Morais, J., Cluytens, M., & Alegria, J. (1984). Segmentation abilities of dyslexics and normal readers. *Perceptual and Motor Skills*, 58, 221-222.
Treiman, R., & Zukowski, A. (1991). Levels of phonological awareness. In S. A. Brady & D. P. Shankweiler (Eds.), *Phonological Processes in Literacy: A tribute to Isabelle Y. Liberman* (pp.67-83). Hillsdale: Erlbaum.

Den Zesummenhang tëscht dem Reim, dem Liesen- a Schreiweléieren

Bryant, P. E. (1990). Phonological development and reading. In P. D. Pumfrey & C. D. Elliot (Eds.), *Children's difficulties in reading, spelling and writing*: Challenges and responses (pp. 63-82). London: Falmer.
Bryant, P., & Goswami, U. (1987). Beyond grapheme-phoneme correspondence. *Cahiers de Psychologie Cognitive/Current Psychology of Cognition*, 7, 439-443.
Schneider, W., Näslund, J. C., & Weinert, F. E. (1989). Prerequisites of school achievement. In F. E. Weinert & W. Schneider (Eds.), *The Munich Longitudinal Study on the Genesis of Individual Competences* (LOGIC). Report NO. 5: Results of wave three. München: Max-Planck Institut für Psychologische Forschung, 155-182.

Positiv Konsequenze vun der fréier Förderung vun der phonologescher Bewosstheet

Bodé, S. (2001). *Etude de l'effet d'un programme d'entraînement de la conscience phonologique sur le développement de la conscience phonologique et l'apprentissage du langage écrit dans un système orthographique régulier.* Thèse de doctorat présentée pour l'obtention du grade de Docteur en Sciences Psychologiques à l'Université Libre de Bruxelles.
Bus, A. G., & van Ijzendoorn, M. H. (1999). Phonological awareness and early reading: A meta_analysis of experimental training studies. *Journal of Educational Psychology*, 91, 403-414.
Ehri, L., Nunes, S. R., Stahl, S.A., & Willows, D.M. (2001) Systematic phonics instruction helps students learn to read: Evidence from the National Reading Panel's meta-analysis. *Review of Educational Research*, 71(3), 393-447.
Lundberg, I., Frost, J., & Petersen, O. P. (1988). Effects of an extensive program for stimulating phonological awareness in preschool children. *Reading Research Quarterly*, 23, 263-284.
Schneider, W., Roth, E., & Ennemoser, M. (2000). Training phonological skills and letter knowledge in children at risk for dyslexia: A comparison of three kindergarten intervention programs. *Journal of Educational Psychology*, 92, 284-295
Schneider, W., Roth, E., Küspert, P., & Ennemoser, M. (1998). Kurz- und langfristige Effekte eines Trainings der sprachlichen (phonologischen) Bewußtheit bei unterschiedlichen Leistungsgruppen: Befunde einer Sekundäranalyse. *Zeitschrift für Entwicklungspsychologie und Pädagogische Psychologie*, 30, 26-39.

D'Phonologesch Bewosstheet: E wichtege Baustee vu villen

Füssenich, I. (2003). Training oder Einsicht beim Lernen und Lehren der Schriftsprache? *Grundschule*, 9, 36-40.
Marx, H. (1997). Erwerb des Lesens und des Rechtschreibens: Literaturüberblick. In F.E. Weinert & A. Helmke (Eds.), *Entwicklung im Grundschulalter* (p.85-111). Weinheim: Psychologie Verlags Union.
Kress, G. (1997). Before writing. Rethinking the paths to literacy. London, New York: Routledge.
Zimmer, R. (1993). Handbuch der Bewegungserziehung : *didaktisch-methodische Grundlagen und Ideen für die Praxis*. Freiburg: Herder.

Spiller



Vum Einfachen zum Schwéieren

1. Lauschter-Spiller

1.1. Geräischer lauschteren 26
Geräischer ronderëm eis
Geräischer lauschteren an erkennen
Geräischer erëm erkennen
Wéi eng Këscht kléngt d'nämmlecht?
Geräischer erkennen
1.2. Geräischer maachen 27
Mir maache Geräischer mat eisem Kierper
Mir maache Geräischer
1.3. Geräischer – e bësse méi schwéier 28
Wou geet et hin?
Vu wou kënnt de Kaméidi ?
Wee kënnt am noosten?
Héich Téin – Déif Téin
1.4. Mat der Stëmm spillen 30
Mir maache Geräischer mat eiser Stëmm no
Mir spille mat eiser Stëmm
Wie sinn ech ?
Weess Du wien et ass?
1.5. Op déi geschwate Sprooch lauschteren 31
Wiem säin Numm gëtt gesot?
Wat hues du gesot?
Lauschter, wat pësperen ech ?

Fir an d'Wierder eranzelauschteren an déi eenzel Lauter erauszehéieren, ass et wichteg, sech iwwerhaapt emol op d'Lauschtere konzentréieren ze kënnen. Duerfir ginn d'Kanner an engem éischte Schrëtt fir d'Lauschtere sensibiliséiert. Hei gëtt domat ugefaangen, d'Oueren ze spëtzen a ganz genee **Geräischer ze lauschteren**. Lues Geräischer, déi ee bal net héiert, sinn ze entdecken, d'Richtung aus där e Geräisch kënnt, ass ze bestëmmen an ëmmer méi laang Geräischsequenze sinn ze verhalen. An enger zweeter Etapp gëtt mat der **Stëmm gespillt an et gëtt sech op d'Lauschtere vu Wierder konzentréiert.** Als Astig gi Geräischer mat der eegener Stëmm nogemaach a verschidde Betoununge ginn ausprobéiert. Beim leschten a wichtegste Schrëtt geet et drëm, fir sech gutt op d'Lauschtere vun der geschwatener Sprooch ze konzentréieren. Fir dëst ze erreechen, gëtt gepëspert a gelauschtert.

Well d'Kanner sech bei verschiddene vun dësen Aktivitéiten op d'Lauschtere konzentréieren (z.B. mir lauschteren op Geräischer ëm eis, d'ganz Klass sicht de verstoppte Wecker, wiem säin Numm gëtt gesot, ...) **wierken dës Aktivitéite berouegend. Weider ass och ze bemierken, datt d'Aktivitéiten ëm d'Klangmolerei eng flott Geleeënheet ass fir déi Kanner, déi nach kaum an der Klass schwätzen** (z.B. well si dobäi sinn d'lëtzebuerger Sprooch eréischt ze entdecken). Bei dësen Aktivitéite kritt och hir Stëmm op eng spilleresch Aart a Weis eng Plaz an der Klass.

Zu dësem Beräich kënnt Dir och **interessant Diskussioune** mat de Kanner féieren:
Wéi eng Geräischer héiere mir ëm eis?
(Wéi eng Geräischer héieren ech gären? Wéi eng Geräischer fäerten ech? ...)
Wat wäer, wa mir näischt géingen héieren?
(Leit, déi net méi esou gutt héieren – Déieren, déi ganz gutt héieren ....)
Wéi eng Saache maache vill Kaméidi? Wéi eng Saache maache wéineg Kaméidi?
(Lues an haart Geräischer - Geräischer déi no oder wäit ewech sinn – Grouss a kleng Resonanzkierper....)
Wat kënne mir alles mat eiser Stëmm maachen? Wéi entsteet eis Stëmm ?
(D'Ootmung an d'Stëmm – D'Artikulatioun an d'Stëmm)

1.1. Geräischer lauschteren

Geräischer ronderëm eis

Zil(er):
Geräischer aus der Ëmwelt bewosst héieren
Geräischer erkennen an zouuerdnen

Aktivitéit:
Dëst Spill kann op deenen ënnerschiddlechste Plaze gemaach ginn: an der Klass, am Haff, am Bësch … .
D'Kanner maachen hir Aen zou a konzentréiere sech.
Si lauschteren op d'Geräischer, déi ronderëm se sinn.
No enger Zäit maache se hir Aen erëm op a soe wéi eng Geräischer, se héieren hunn.

Geräischer lauschteren an erkennen

Zil(er):
Geräischer bewosst héieren
Geräischer erkennen an zouuerdnen

Material:
Geräischquellen, déi an der Klass sinn oder déi Der vun doheem matbruecht hutt
Kassett oder CD (cf. Materiallëscht am Unhang)

Aktivitéit:
D'Kanner sëtzen am Krees.
Maacht oder spillt de Kanner ee Geräisch vir.
Wann Der Geräischquellen aus der Klass benotzt, da verstoppt dës Geräischquellen hannert enger Decken oder hannert engem Paravent (z.B. e grousst Buch), fir datt d'Kanner se net gesinn.
Frot d'Kanner, wat fir ee Geräisch, datt se héieren hunn.

Geräischer erëm erkennen

Zil(er):
Geräischer erkennen an zouuerdnen

Material:
Verschidden Instrumenter

Aktivitéit:
D'Kanner siche sech zesummen ënner den Instrumenter een Instrument eraus, dat duerno erausgehéiert soll ginn.
Dëst Instrument gëtt eng Kéier virgespillt.
Da maachen d'Kanner d'Aen zou an eng ganz Rei vun Instrumenter gi gespillt.
Gëtt dat Instrument gespillt, dat am Ufank erausgesicht gouf, mellen d'Kanner sech.

Variant(en):
- Dëst Spill kann och mat Alldagsgéigestänn gespillt ginn.

Wéi eng Këscht kléngt d'nämmlecht?

Zil(er):
Zwee Geräischer, déi d'nämmlecht kléngen, erëm fannen

Material:
Filmdouse mat verschiddene Materialien dran

Aktivitéit:
An d'Filmdouse ginn ënnerschiddlech Saachen agefëllt, wéi z.B. Zocker, Kiselsteng, Ierbsen…
An zwou Filmdousen ass ëmmer datselwecht dran.
Duerch Rëselen a geneet Lauschtere sollen d'Kanner dat Puer fannen, dat nämmlecht kléngt.

Geräischer erkennen

Zil(er):
Geräischer selwer maachen
Geräischer erëm erkennen an zouuerdnen

Material:
Glas, Teller, Stéck Holz, Buch, Plastiksspillsaach …

Aktivitéit:
Op engem Dësch sti verschidde Géigestänn.
D'Kanner siche Saachen eraus, déi, wann ee se mat engem Metallläffel uschléit, däitlich verschidde Geräischer maachen.
Fir d'éischt däerf d'Kand selwer Geräischer maachen, andeems et mam Läffel widder d'Géigestänn klappt.
Dann dréint et sech ëm, mécht d'Aen zou a lauschtert.
De Spillpartner schléit irgendee Géigestand un an d'Kand réit, wat den Toun verursaacht huet.

1.2. Geräischer maachen

Mir maache Geräischer mat eisem Kierper

Zil(er):
Geräischer mam Kierper maachen

Aktivitéit:
Wéi eng Geräischer kann ech mat mengen Hänn maachen?
Wéi eng Geräischer kann ech mat menge Féiss maachen?
Wéi eng Geräischer kann ech mat mengem Mond a menger Zong maachen?

Déi Kanner, deenen e Geräisch dozou afält, maachen dat Geräisch vir an déi aner Kanner maachen et no.

Variant(en):
- D'Geräisch ganz haart a ganz lues oder ganz séier a ganz lues nomaachen.
- E Kand, dat verstoppt ass, mécht ee Geräisch mat sengem Kierper an déi aner Kanner versichen dat Geräisch nozemaachen.

Mir maache Geräischer

Zil(er):
Geräischer mat verschiddene Geräischquelle maachen
Geräischer erkennen an zouuerdnen

Material:
Hei eng Lëscht vu Méiglechkeeten:

Aktivitéit:
an eng Päif blosen
verschidden Zorte vu Pabeier falen, zerknujelen oder zerrappen
eppes mat engem Messer /enger Schéier schneiden
eppes op de Buedem fale loossen
an en Apel bäissen
en Nol aschloen
eng Klack bimmele loossen
e Bläistëft spëtzen
e Buch zouschloen
eppes iessen, dat tëscht den Zänn knirscht
mat engem Läffel am Glas réieren
eppes um Pabeier auswëschen
e Computer umaachen
un d'Tafel oder op ee Blat schreiwen
Geräischer op Instrumenter maachen, déi de Kanner bekannt sinn
eppes ëmfale loossen: Pärelen, Legosteng, Bauklëtz
....

D' Kanner siche sech all eng Saach aus der Klass mat där se ee Geräisch maache wëllen. Si sëtze sech an ee Krees a weise wéi e Geräisch si mat hirer Saach maache kënnen.
Duerno leeë si hir Saach an d'Mëtt vum Krees.
Elo gëtt ee Kand ausgewielt, dat e Geräisch rode soll. Et geet virun d'Dier.
En anert Kand sicht während dëser Zäit eng Saach eraus mat där et ee Geräisch maache wëll.
Dat éischt Kand kënnt erëm an d'Klass, dréint sech mam Réck zum zweete Kand, lauschtert op d'Geräisch vum zweete Kand a versicht erauszefannen, wéi ee Geräisch et ass.

Variant(en):
- Zwee Spiller siche sech déiselwecht Géigestänn eraus a setze sech mam Réck widdereneen. E Spiller wielt sech een oder zwee Géigestänn eraus a mécht domat e Geräisch (z.B. hie klappert mam Bläistëft widder d'Blat). De Géigespiller léisst da mat deenen nämmlechte Saachen en "Echo" erklengen. Stëmmen d'Geräischer iwwerteneen, däerf deen zweete Spiller e Geräisch virginn.

1.3. Geräischer – e bësse méi schwéier

Wou geet et hin?

Zil(er):
Geräischrichtung erkennen
Selektivt Lauschteren iwwert eng laang Zäitspan

Material:
Museksinstrumenter
Foularde fir d'Aen ze verbannen

Aktivitéit:
D'Kanner doe sech zu zwee an zwee zesummen a siche sech ee Museksinstrument eraus.
Eent vun de Kanner kritt d'Ae verbonnen.
Dat anert Kand beweegt sech am Sall a mécht Kaméidi mam Instrument.
D'Kand mat de verbonnenen Ae probéiert d'Kand mam Instrument erëm ze fannen.

Variant(en):
- Amplaz vun den Instrumenter kënnen och Kierpergeräischer benotzt ginn.
- D'Léierpersoun steet iergendwou an der Klass a spillt een Instrument (oder mécht e Geräisch). Ee Kand mat verbonnenen Ae probéiert d'Geräischquell ze fannen an op d'Léierpersoun zouzegoen. Déi aner Kanner passen op, datt dëst Kand net arennt.

Vu wou kënnt de Kaméidi ?

Zil(er):
Geräischer erkennen an zouuerdnen
Geräischrichtung erkennen

Aktivitéit:
D'Kanner solle sech an e Krees sëtzen.
En éischt Kand sëtzt oder leet sech an d'Mëtt vum Krees a mécht d'Aen zou.
En zweet Kand geet aus dem Krees eraus, stellt sech iergendwou an de Klassesall a mécht e Geräisch (z.B. vun engem Déier).
D'Kand an der Mëtt vum Krees soll erausfannen, vu wou d'Geräisch kënnt.
Fir d'Richtung unzeginn, weist d'Kand mam Fanger an déi Richtung aus där d'Geräisch kënnt.

Wee kënnt am noosten?

Zil(er):
Geräischer erkennen an zouuerdnen
Geräischrichtung erkennen

Material:
Foularde fir d'Aen ze verbannen

Aktivitéit:
D'Kanner stelle sech an e Krees.
E Kand steet an der Mëtt.
Jiddereen, bis op d'Kand an der Mëtt, huet d'Ae verbonn.
D'Kand an der Mëtt probéiert méiglechst no un e Kand aus dem Krees ze kommen.
Gëtt et bemierkt, hieft d'Kand aus dem Krees d'Hand no vir.
D'Kand an der Mëtt fänkt nach emol vu vir un.
Et huet gewonn, wann et e Kand am Krees ugepaakt kritt.

Variant(en):
- Zu zwee an zwee spillen
- Fir et méi einfach ze maachen: De Kreesspiller steet op enger Ënnerlag (z.B. um Bëschbuedem, op engem Zeitungsblat …)

Héich Téin – Déif Téin

Zil(er):
Tonalitéit bewosst lauschteren

Material:
Glieser oder soss Behälter

Waasser
Läffel

Aktivitéit:
D'Kanner fëllen d'Behälter ënnerschiddlech héich mat Waasser a schloe se da mat dem Läffel un.

D'Kanner sollen dem Gehéier no, d'Behälter vun deem déifste bis zum héchsten Toun der Rei no opstellen.

1.4. Mat der Stëmm spillen

Mir maache Geräischer mat eiser Stëmm no

Zil(er):
Op déi eege Stëmm lauschteren

Material:
Eventuell e passend Buch
(z.B. Wau, wau, miau und kikeriki. E Billerbuch fir matzemaachen, cf. Materiallëscht am Unhang)

Aktivitéit:
Et geet dorëms, fir mat der eegener Stëmm Geräischer aus eiser Ëmwelt (Déierestëmmen, Maschinnegeräischer, ...) ze imitéieren.
Hei kënnen déi verschidde Geräischer och villäicht zu Musek ginn.

Mir spille mat eiser Stëmm

Zil(er):
Op de Rhythmus an d'Betounung vun der Sprooch lauschteren

Aktivitéit:
Op wéi eng verschidden Aart a Weise kanns du schwätzen ?
(z.B. séier an ëmmer méi lues schwätzen, haart an ëmmer méi lues schwätzen, pësperen, frou oder traureg eppes soen, eppes mat enger ganz däischterer Stëmm soen, eppes piipsen, d'Stëmm verstellen, mat zougehalener Nues schwätzen, ...).

Variant(en):
- Dat wat d'Kand seet, kann eppes domat ze dinn hunn, wéi et et seet (z.B. ech schwätze ganz séier).
- Well d'Pësperen net esou einfach ass a bei deenen nächste Spiller erëm optaucht, wier et flott, sech bei dëser Geleeënheet Zäit ze huelen, fir zesummen ze pësperen.

Wie sinn ech ?

Zil(er):
Sech op déi geschwate Sprooch konzentréieren
Genee op d'Stëmm lauschteren

Material:
Eventuell e Foulard fir d'Aen ze verbannen.

Aktivitéit:
D'Kanner stelle sech all an ee Krees.
Ee Kand kritt d'Ae verbonnen a stellt sech mat Iech niewent de Krees.
Déi aner Kanner dréinen dann am Krees ronderëm: si ginn entweder no lénks oder no riets virun.
D'Kanner widderhuelen zesummen de Sproch: "Tëppelchen, Tëppelchen, wie sinn ech?"
bis d'Kand, dat niewent dem Krees steet, "Stop" seet.
D' Kanner am Krees bleiwen da stoen an halen op de Sproch ze soen.
Dat Kand, dat elo beim Kand mat de verbonnenen Ae steet, freet: " Tëppelchen, Tëppelchen,wie sinn ech?"
Elo ass et um Kand mat de verbonnenen Aen erauszefannen, wien dëst Kand ass.

Variant(en):
- Eng al lëtzebuerger Spillvariatioun ass déi folgend: E Kand, stellt sech mam Gesiicht zur Mauer a verdeckt sech d'Ae mat den Hänn. Déi aner Kanner soen :

Am Keller ass et donkel,
Do läit eng grousseg Konkel (Waasserkrou)!
Wéi kann et do nëmme sou donkel sinn,
Wa mir hei alleguer zesumme sinn!

Da gëtt ee Kand erausgewielt.
Et tuppt deem Kand, dat d'Ae verdeckt huet, dräimol mat der Hand op de Réck a seet ,1-2-3 wien ass dat hei ?'.
D'Kand, dat sech d'Ae verdeckt hält, soll dann un der Stëmm erkennen, wien him op d'Schëller getuppt huet.

Weess Du wien et ass?

Zil(er):
Sech op déi geschwate Sprooch konzentréieren
Genee op d'Stëmm lauschteren

Material:
Foularde fir d'Aen ze verbannen

Aktivitéit:
D'Matspiller stelle sech an e Krees.
E Spiller mat verbonnenen Ae steet an der Mëtt.
Fir datt e seng Orientéierung verléiert, gëtt en e puermol am Krees gedréint.
Och d'Spiller am Krees däerfen hir Plaz wiesselen.
D'Kand an der Mëtt weist op e Kand am Krees an nennt een Déier.
Dat Kand op dat gewise gëtt, muss déi entspriechend Déierestëmm nomaachen.
Aufgab vum Kreesspiller ass et, d'Kand ze erkennen a säin Numm ze nennen.

Variant(en):
- Zwee Spiller stinn an der Mëtt a kënne sich beroden.

1.5. Op déi geschwate Sprooch lauschteren

Wiem säin Numm gëtt gesot?

Zil(er):
Genee lauschteren, wat gepëspert gëtt.

Aktivitéit:
D'Kanner sëtzen op hirer Bänk a leeën de Kapp an d'Äerm.
D'Joffer pëspert den Numm vun engem Kand.
Wann d'Kand säin Numm héiert, dann hieft d'Kand säi Kapp a pëspert den Numm vun engem anere Kand, dat de Kapp nach op senger Bänk leien huet, asw.

Wat hues du gesot?

Zil(er):
Selektivt Lauschteren

Aktivitéit:
Et ginn dräi gläichgrouss Gruppe gebillt.
Déi 1. Grupp (op der enger Säit vum Raum) wëllt der 2. Grupp (op der anerer Säit vum Raum) eppes matdeelen an déi 3. Grupp (dertëschent) versicht dat mat alle stëmmleche Mëttelen ze verhënneren. Méi genee steet dës 3. Grupp an enger Rei mat engem Ofstand vun engem Meter virun der 1. Grupp a kuckt op déi 2. Grupp.
D'Matspiller vun der 1. Grupp sollen ofmaachen, wat si de Kanner aus der 2. Grupp wëlle soen.
Just éier den 1. Grupp säi Message dem 2. Grupp zourifft, fänkt den 3. Grupp un, fir si mat Ruffen dobäi ze stéieren.
Déi 2. Grupp versicht de Message opzefänken an nozesoen.

Variant(en):
- Den 3. Grupp däerf zousätzlech hopsen, trampelen … a soss Geräischer maachen, fir d'Kommunikatioun ze stéieren.

Lauschter, wat pësperen ech ?

Zil(er):
Genee lauschteren, wat gepëspert gëtt

Aktivitéit:
Dir sëtzt mat de Kanner am Krees a pëspert deem Kand, dat lénks vun Iech sëtzt, e Wuert oder e Saz an d'Ouer.
Dëst Kand pëspert dann dat, wat et héieren huet, sengem lénken Noper weider an d'Ouer. D'Aktivitéit geet esou weider bis den Tour beim leschte Kand ukomm ass. Dëst Kand seet dann dat „Kabeswuert", wat et héieren huet, haart an d'Klass.
Dir sot dann, wat Dir dem éischte Kand an d'Ouer gepëspert hat.

Variant(en):
- Als Iwwerleedung zum Reim kënnt Dir de Kanner zwee Wierder, déi reimen, mat op de Wee ginn.

2. Reim-Spiller

2.1. Op de Reim lauschteren 36
Gedichter, Lidder a Kannerspréchelcher
Wéi e Wuert reimt hei?
Reimgeschichten
2.2. Reimer fannen 37
Kanns de reimen?
Zauberspréch
Kribbelspill
Reimwierder
Ee Reimdictionnaire
2.3. Gesellschaftsspiller 40
Reim-Memory a Reim-Domino

De Reim bitt eng gutt Astigsméiglechkeet fir an d'Wierder eranzelauschteren. De Reim spillt och eng gewësse Roll beim Liesen- a Schreiweléieren (Wierder, déi hannen d'nämmlecht kléngen, ginn och dacks d'nämmlecht geschriwwen).

Am Alldag huet de Reim seng Plaz a Lidder a Gedichter an ass fir vill Kanner relativ einfach a flott zougänglech. Am Spillschoulsalter ass d'Entdecke vum Reim fir d'Kand eppes Extraes, eppes Faszinantes.

Fir de Reim anzeféieren, gëtt d'Kand op de Klang vum Wuert (de Reim) sensibiliséiert. Hei gëtt op Reimwierder aus bekannten Texter (Lidder a Gedichter) zréckgegraff. No an no geet et dann drëms, datt d'Kanner mierken, ob zwee Wierder reimen oder net. Duerno sollen d'Kanner selwer Reimer (Reimwierder) fannen. Hei ass et flott e Reimdictionnaire (Billerbuch, Computer, Pouster, Kassetten...) mat de Kanner aus der Klass unzeleeën, deen am Laf vum Joer ëmmer erëm iwwerholl a kompletéiert ka ginn. Beim Reimwierder-Siche kréien d'Kanner am Ufank nach méi gehollef (eng Gestik, e Bild, en Ufank vum Wuert,...). Heiansdo fënnt een och net esou liicht e passend Reimwuert, da kann och schonn emol op Phantasie-Wierder zréckgegraff ginn. Dëst ass besonnesch interessant fir déi Kanner, déi méi e klenge Wuertschatz am Lëtzebuergeschen hunn. Kanner deenen hir Mammesprooch net Lëtzebuergesch ass, kennen och villäicht e Lidd, e Gedicht oder eng Reimkoppel an hirer Mammesprooch. Wann d'Kanner schonn e Gefill fir de Reim entwéckelt hunn, ass et flott déi verschidde Gesellschaftsspiller (Reim-Lotto, Reim-Memory, Reim-Domino) anzeféieren. Dës Gesellschaftsspiller erlaben de Kanner, sech och mol am klenge Grupp mam Reim auserneen ze setzen. Sou kann ee vun deem anere léieren. Weider kënnen dës Gesellschaftsspiller och beim Schaffen an Atelieren agesat ginn.

2.1. Op de Reim lauschteren

Gedichter, Lidder a Kannerspréchelcher

Zil(er):
De Reim entdecken

Material:
Bicher mat Gedichter, Lidder oder Kannerspréchelcher, déi reimen (cf. Materiallëscht am Unhang)

Aktivitéit:
Fir d'Aféierung vun der Notioun "Reim" wier et ideal fir vu Gedichter, Lidder a Kannerspréchelcher auszegoen, déi d'Kanner scho kennen. Dëst Gedicht oder Lidd kënnt Dir
- lues virliesen (pësperen) an nëmmen d'Reimer haart an däitlech soen,
- Vers fir Vers liesen an d'Kanner ëmmer dat lescht Reimwuert selwer siche loossen.

Fir d'Notioun ‚Reim' anzeféieren, huelt zwee Reim-Wierder aus dem geléierte Gedicht eraus, widderhuelt dës Wierder a betount de Reim.
Sicht da mat de Kanner nach aner Wierder aus dem Gedicht, déi reimen.

Léiert och Ofzielreimer mat de Kanner. Déi kënne si och emol an der Paus oder am Turne gebrauchen. Beim rhythmeschen Ofziele ginn d'Wierder och schonn a Silben zerluecht, wat fir déi nächst Unitéit interessant ass. Handlungsreimen (Fangerspiller, Reimgeschichte mat passende Beweegungen...) sinn dacks méi einfach ze verhalen an erlaben och mol dobäi ze wibbelen. Bei all Gedicht loosse sech meeschtens einfach a passend Beweegungen dobäi maachen. D'Kanner kënnen dës Beweegungen och selwer fannen. Kleng Gedichter a Lidder zu verschiddenen Aktivitéiten (araumen, heemgoen...) kënnen och als kleng Ritualen agesat ginn.

Wéi e Wuert reimt hei?

Zil(er):
Selwer reime mat Hëllef vu bekannte Reimsätz oder Spréchelcher

Material:
De Kanner bekannte Sätz aus Gedichter, Reimer oder Kannerspréchelcher, déi Dir verännert hutt, fir datt se net reimen

Aktivitéit:
Dës Aktivitéit baséiert op Sätz a Reimsätz, déi de Kanner scho bekannt sinn.
Dir hutt se ëmgeschriwwen, fir datt se net méi reimen.
Liest de Kanner Är "nei" Sätz vir.
Un de Kanner ass et elo dat richtegt Wuert ze fannen, fir datt d'Sätz erëm reimen.

Reimgeschichten

Zil(er):
Passend Reimwierder fannen

Material:
Geschichts- oder Gedichtsbuch mat Reimen (cf. Materiallëscht am Unhang)

Aktivitéit:
Wann d'Kanner d'Reimgeschicht scho kennen, liest d'Geschicht esou vir, datt Der d'Reimwierder extra betount (z.B. duerch Laangzéien).
D'Kanner ginn esou op d'Reimwuert opmierksam.
Stoppt virum zweete Reimwuert a loosst d'Kanner et sichen.

Variant(en):
- Méi einfach: Gräift eng Reimgeschicht op, déi d'Kanner scho kennen. Liest se vir a stoppt no all Grupp vu Reimwierder. Frot dann d'Kanner, wéi eng Wierder matenee gereimt hunn.

2.2. Reimer fannen

Kanns de reimen?

Zil(er):
Selwer passend Reimwierder fannen

Aktivitéit:
Fir d'Aktivitéit virzestellen, kënnt Dir e puer Sätz oder Ausdréck mat Reimwierder virliesen.
Duerno kënnen d'Kanner déi Sätz, déi Dir hinne proposéiert a virliest, mam richtege Reimwuert vervollstännegen a selwer esou Sätz erfannen.

Variant(en):
- Wann et am Ufank fir d'Kanner nach schwéier ass d'Reimwuert, wat de Saz kompletéiert, selwer ze fannen, da kënnt Dir de Kanner och Hëllefstellung ginn, andeems Dir z.B. en hëllefsräiche Geste maacht oder e passend Bild weist. Wann d'Kanner de Prinzip verstan hunn, kënne si och selwer Reimsätz fannen. Hei kann de Reimdicionnaire mat de Reimwierder weiderhëllefen.
- Villäicht hunn d'Kanner och deen een oder anere Reim um Radio héieren.

Hei e puer Beispiller:

Reimer

D'Klunschel kraacht.
D'Meedche (laacht).

Den Hond billt.
De Jong (spillt).

Mir kachen an der Kichen.
Ei, wat gëtt et do ze (richen).

Verstees de Spaass?
Deng Box ass (naass).

Mir schneide mat der Schéier
Dat ass guer net (schwéier).

Déierereimer

Eng kleng Maus
sëtzt am (Haus).

Den Elefant
dee läit am (Sand).

De Krokodil
schwëmmt ganz (vill).

A menger Täsch
do quaakt ee (Fräsch).

Mäin Teddybär
hunn ech esou (gär).

Eng Schlaang
ass ganz (laang).

Eng Méck
sëtzt op mengem (Réck).

Lauter kleng Fléi
sëtzen am (Stréi).

Handlungsreimer

E klengt Kand
spillt am (Sand).

E grousse Jong
stréckt seng (Schong).

Dësen Hutt
steet mir (gutt).

D'Schoul ass aus
mir gi (raus).

D'Liz kacht senger Popp
eng gutt (Zopp).

Am Zuch
kucken ech ee (Buch).

Ech gi lues
bei den (Hues).

Zaubersprëch

Zil(er):
Kreativ mam Reim ëmgoen

Aktivitéit:
Hei ginn Zaubersprëch gesicht. Dir gitt de Kanner verschidden Zaubersprëch vir, z.B.

Zibbel, zabbel, zéi, dir sidd Kéi.
Zibbel, zabbel, zäert, dir sidd Päerd.
Zibbel, zabbel, zäin, dir sidd Schwäin.
…

Duerno sollen d'Kanner aner Zaubersprëch sichen (z.B. Wibbel, Wabbel, wazen, dir sidd Kazen...). Natierlech kënnen och aner Wierder (net nëmmen Déieren) als Ausgangsbasis geholl ginn. Och den Zaubersproch kann no Loscht a Laun geännert ginn.

Kribbelspill

Zil(er):
Kreativ mam Reim ëmgoen

Aktivitéit:
D'Kanner doe sech zu zwee an zwee zesummen.
Eng Halschent vun de Kanner läit um Buedem.
Déi aner Halschent seet dee Reim hei:
Kribbel – krabbel – krauch, ech kribbelen dech um Bauch.
Kribbel – krabbel – kranger, ech kribblen dech um Fanger.
Kribbel – krabbel – krous, ech Kribbelen dech um Fouss. a.s.w.

No all Vers kribbelen d'Kanner de genannte Kierperdeel. No kuerzer Zäit kënnen d'Kanner de Kierperdeel schonns erroden a selwer de Reim fäerdeg soen.

Reimwierder

Zil(er):
Vill Reimwierder zu engem Wuert fannen

Wierderlëscht:
Haus - Maus – Laus -raus
Hand – Sand – Kand – Land - Zant
Papp – Kapp – Schlapp – Knapp
Stull – Pull – Bull – Vull - Null
Dësch – Fësch – Bësch – frësch
Kuch – Buch – Zuch - Duch
Schnéi – Kéi – Séi – Réi – Stréi – Bléi – Fléi – fréi – méi - Véi - Téi
Méck – Réck – déck – Stéck – Bréck
Stéier – séier – Kéier – Béier – véier - schwéier – Déier – Verkéier – probéier
Fléien – béien – zéien – kréien

Aktivitéit:
Dir gitt de Kanner Wierder vir op déi si Reimwierder fanne sollen.
Setzt Iech mat de Kanner an e Krees a sot hinnen déi eenzel Wierder.
Hei kann och op de Reimdictionaire zréckgegraff ginn.
Fir d'Spill méi schwéier ze maachen, kënnt Der se och froen, méi Wierder ze fannen.

Variant(en):
- Dir kënnt d'Kanner och selwer Wierder virgi loossen. Si sollen hir Komeroden e Reimwuert fanne loossen.
- D'Kanner kënnen och ‚Kabeswierder' sichen, déi et guer net gëtt, mä déi awer op dat genanntent Wuert reimen.
- Fir Reimwierder ze ertaaschten, leet e puer Géigestänn, déi reimen, an eng Taaschtkëscht oder ënnert een Duch. Loosst dann d'Kand déi passend Reimwierder ertaaschten.

Ee Reimdictionnaire

Zil(er:
Iwwert eng laang Zäitspan fir de Reim sensibiliséieren

Material:
Blieder, Faarwen, Zeitungen oder Reklammen
Eventuell ee Classeur (fir zesummenzebannen)

Aktivitéit:
D'Kanner molen ëmmer zwee Wierder, déi sech reimen (oder se schneide Fotoen aus Zeitungen eraus). D'Blieder mat de Reimwierder ginn als Buch zesummegebonnen oder an ee Classeur gemaach an an d'Klassebibliothéik gestallt, sou datt d'Kanner, ëmmer wa si wëllen, dorop zréckgräife kënnen.
De Reimdictionnaire soll no an no weiderkompletéiert ginn.
Weider wier et och flott, wann Dir de Reimdictionnaire vun Zäit zu Zäit eraushuelt a mat de Kanner duerchkucke géingt.

2.3. Gesellschaftsspiller

Reim-Memory a Reim-Domino

Zil(er):
Am klenge Grupp mam Reim spillen

Material:
Passend Kartrongskaarten (eventuell Holzplättercher), Schéier, Pech.....

Spillregelen:
Reim-Memory: Dat Kand, dat zwee Biller ëmdréint déi reimen, dierf dës halen.
Reim-Domino: Reimt e Bild op dem Kand senger Domino-Kaart mat engem Bild vun der Domino-Kaart, déi schonns do läit, kann et seng Kaart uleeën. Fir eng Selbstkontroll ze erméiglechen, kënnt Dir déi passend Wierder op d'Récksäit schreiwen an de Reim ënnersträichen (meechtens ginn déi Wierder, déi reimen och d'selwecht geschriwwen, z.B. Rous - Dous)

Aktivitéit:
Wann d'Kanner duerch verschidden aner Aktivitéiten d'Sensibilitéit fir de Reim entwéckelt hunn, da bastelt mat hinne Spillkaarten zu deene verschiddene Gesellschaftsspiller. D'Biller zu de gewielte Reimwierder kënne si selwer molen oder aus Zeitungen a Reklammebliedercher ausschneiden. Dës Biller ginn dann op d'Kartrongskaarte gepecht (selwergeschnidde Memory-Kaarten oder Domino-Kaarten). Fir datt d'Kanner méi a méi selbstänneg mat dëse Spiller kënnen ëmgoen, ass et wichteg, dat neit Material no a no kennen ze léieren. Sou ass et flott d'Reimwierder zesumme mat der Klass ze sichen a sech d'Zäit ze huelen, d'Kanner mat den neie Billerkäertercher an den neie Spillregele bekannt ze maachen. Dëst kann duerch kleng Spiller am grousse Grupp erreecht ginn. Dir kënnt awer och e klenge Grupp an d'Spill aweien. Dës Kanner erklären dann no a no deenen anere wéi gespillt gëtt. Dat selbstännegt Spill am klenge Grupp erliichtert d'Differenzéierung an der Klass.

3. Silbe-Spiller

3.1. D'Silb an de Rhythmus 44
Ofzielreimer
Nimm klappen
Beweegung am Rhythmus vun der Sprooch
Robotersprooch
Silbe vun den Nimm zielen
Gräif an d'Këscht!
Wéi wäit däerf ech reesen?
3.2. Silben zesummeschlëppen 47
Silben zu engem Wuert zesummeschlëppen
3.3. Gesellschaftsspiller 47
Silbe-Memory a Silben-Domino
Silbolo

D'Sensibilitéit fir d'Silb bereet op d'Sensibilitéit fir de Laut (Phonem) fir. D'Sensibilitéit fir de Laut spillt hirersäits eng wichteg Roll beim Liesen- a Schreiweléieren.

Am Géigesaz zum eenzelne Laut (dem Phonem) gëtt den **Zougang zu der Silb duerch de Rhythmus vun der Sprooch vereinfacht.** Sou gëtt zum Beispill beim rhythmeschen Ofzielen oder beim Sange spontan a Silben zerluecht. Duerfir ginn am Ufank, **fräi nom Rhythmus vun der Sprooch, d'Wierder a Silben zerluecht** (Ofzielreimer, Lidder, Wierderklappen, Robotersprooch). Op dës Manéier ginn d'Kanner op eng ganz intuitiv a spontan Aart a Weis un d'Silb erugefouert.

No dëser Aféierung gëllt et dann zu engem zweeten a wesentleche Schrëtt iwwerzegoen: D'Kanner solle **méi bewosst d'Wuert a kleng Unitéiten (hei d'Silb) zerleeën.** Dëst kann z.B. duerch d'Ziele vun de Silben am Wuert erreecht ginn. **D'Zesummeschlëppe vun de Silben zu engem Wuert** gëtt an engem weidere Schrëtt behandelt. Ofschléissend si verschidde **Gesellschaftsspiller** virgesinn (Silbe-Memory, Silben-Domino), déi op dem Ziele vun de Silben am Wuert baséieren.

Besonnesch beim Silbenzesummeschlëppen ass et wichteg, **mat Wierder ze schaffen, déi d'Kanner scho kennen.** Interessant ass et och ze wëssen, datt d'Strukturéiere **vun de Wierder a Silben** (duerch déi rhythmesch Betounung) verschidde Kanner **eng Hëllef ka si fir d'Wierder genee ze verhalen an auszeschwätzen, d.h. ouni Deeler dovun ze vergiessen oder ze verschlécken.**
Wichteg!
Éier Dir op déi nächst Unitéit iwwergitt, soll d'Kand:
- **Silben zu hinne bekannte Wierder zesummeschlëppen**
- **Bewosst Wierder a Silben zerleeën**

3.1. D'Silb an de Rhythmus

Ofzielreimer

Zil(er):
De Rhythmus vun der Sprooch erkennen
Wierder a Silben zerleeën

Aktivitéit:
Op dëser Plaz ass et interessant nach eng Kéier op d'Ofzielreimer zréckzekommen.
Duerch de Rhythmus vum Ofzielreim ginn d'Wierder a Silben zerluecht (z.B. Eng - kleng – Mi-ki – Maus - ...).
D'Wierder solle kloer a Silben zerluecht ginn a bei all nei Silb soll d'Kand, dat ofzielt, mam Fanger op dat nächste Kand weisen.

Nimm klappen

Zil(er):
De Rhythmus vun der Sprooch notzen, fir d'Silb ze erliewen

Aktivitéit:
Sot dem Kand säin Numm: Klappt dobäi an d'Hänn, fir datt déi eenzel Silbe gutt betount ginn.
D'Kand widderhëlt den Numm mat Iech a klappt dobäi an d'Hänn.
Duerno kann d'Kand selwer säin Numm klappen.

Variant(en):
- D'Kanner soen hiren Numm lues (oder séier) an zerleeën en.
- Dir kënnt de Kanner hir Nimm natierlech och am Rhythmus sprangen, mat engem Bläistëft op den Dësch klappen,oder, oder, oder....
- All Kand ka sech selwer e Geräisch sichen, mat deem et säin Numm ka rhythmesch begleeden. Sou kënnt Dir e ganze Konzert maachen.
- Amplaz vun de Kanner hiren Nimm, kënnt Dir och d'Nimm vu Géigestänn huelen.
- D'Kanner kënnen och e Bild vun engem Billerkoup zéien, d'Bild benennen an dann d'Wuert a Silbe klappen.

Beweegung am Rhythmus vun der Sprooch

Zil(er):
De Rhythmus vun der Sprooch an der Beweegung notzen, fir d'Silb ze erliewen

Aktivitéit:
Sot e Verb a maacht déi passend Beweegung rhythmesch dozou.
Sot dat Verb esou, datt Der tëscht all Silb eng Paus maacht an d'Wuert gutt a Silben zerleet (z.B. la – fen).
Sicht am Ufank e Verb eraus, dat ee liicht zerleeën an ausféiere kann.
D'Kanner solle sech dann am Rhythmus vun de Silbe beweegen (z.B. la - fen) an d'Verb am Rhythmus dobäi soen (la – fen, la – fen ...).
D'Wierder sollen och ganz rhythmesch ausgeschwat ginn, fir datt de Kanner hir Beweegungen ongeféier synchron sinn.

Bemierkung:

Am Lëtzebuergesche fënnt ee vill zweesilbeg Aktiouns-a Beweegungsverben, wéi z.B. go-en, la-fen, spi-llen, …. Sou kéint een als méisilbegt Verb z.B. “stol-zéi-er-en” huelen.

Sicht nach aner Verben zesumme mat de Kanner.

hop-sen	bé-cken	go-en	dan-zen
schläi-chen	dréi-nen	krau-chen	spra-ngen
rut-schen	la-fen		

Variant(en):
- Fir déi eenzel Silbe besser ze betounen, kënnen d’Kanner och de Rhythmus vum Wuert am Ufank mat den Hänn klappen.
- Dat rhythmescht Zerleeë vun de Wierder a Silbe gëtt eng eegenaarteg Sprooch. Sicht mat de Kanner en Numm fir dës Sprooch (Robotersprooch, Gehacktes, ...).
- Bastelt zesummen e Roboterhelm. Dat Kand, dat den Helm unhuet, schwätzt an der Robotersprooch.

Robotersprooch

Zil(er):
De Rhythmus vun der Sprooch notzen, fir d’Wierder beim Schwätze ganz bewosst a Silben ze zerleeën

Material:
Eventuell dee selwergebastelte Roboterhelm

Aktivitéit:
Huelt e Lidd, wat Dir grad mat de Kanner gesongen hutt, a sot dëst Lidd mat de Kanner zesumme rhythmesch op (huelt eventuell e Rhythmusinstrument dobäi).
Sou ginn d’Wierder a Silben zerluecht.
Duerno kënnen och aner Sätz an dëser Robotersprooch (Silbesprooch) geschwat ginn. Hei kann och de Roboterhelm erëm zum Asaz kommen.

Variant(en):
- Verschidde Kanner maache sech eng Freed doraus zäitweis nëmmen nach an der Robotersprooch ze schwätzen.

Silbe vun den Nimm zielen

Zil(er):
Wierder bewosst a Silben zerleeën
Unzuel vun de Silben erkennen

Aktivitéit:
Wann d’Kanner hiren Numm selwer klappe kënnen, léiere si d’Silben am Numm ze zielen. Kuckt op déi eenzel Kanner scho selwer hir eegen Aart a Weis fanne fir d’Silben ofzezielen (z.B. op de Fangeren ofzielen), fir all Silb, déi gesot gëtt, e Klotz leeën (z.B. Bauklëtz, Legosteng, ...) oder e Punkt molen (proposéiert dëst vu lénks no riets ze maachen). Flott ass et eng Aart a Weis ze fannen, déi erlaabt, Silben ze klappen an anengems op de Fanger d’Silben ofzezielen (z.B. an d’Hänn klappen an anengems mat de Fanger d’Silben ofzielen; mam Fouss tuppen an op de Fanger ofzielen; ....).

Variant(en):
- Am Ufank kënnt Dir och nach d'Silben op de Fanger ofzielen, wann d'Kanner d'Silbe klappen.
- No an no kënnen dann déi Kanner, déi d'Silbe scho kënnen zielen, dës Roll iwwerhuelen, während déi aner Kanner d'Silbe weiderklappen.
- Wann dat mat den Nimm gutt klappt, kënnt Dir och d'Nimm vu Géigestänn huelen. D'Kanner zéien z.B. e Bild vun engem Billerkoup, benennen d'Bild, klappen d'Wuert a Silben an zielen of, wéivill Silben dat Wuert huet.
- Innerhalb vun dëser Aufgab kënnt Dir liicht differenzéieren. Fir dem Wuertschatz vun den eenzelne Kanner gerecht ze ginn, sollt Der Wierder benotze mat deenen d'Kanner scho Kontakt haten.

Gräif an d'Këscht!

Zil(er):
Wierder bewosst a Silben zerleeën
Unzuel vun de Silben erkennen

Material:
- Këscht mat klenge Saachen dran (eventuell faarweg Biller)

Aktivitéit:
Huelt eng Këscht, an déi Der fir d'Kanner interessant Saachen draleet.
Kuckt, datt d'Wierder eng ënnerschiddlech Unzuel vu Silben hunn.
E Kand gräift mat verbonnenen Aen an d'Këscht an zitt eng Saach eraus.
D'Kand soll dës Saach benennen.

Duerno gëtt den Numm a Silben zerluecht (am einfachsten dobäi an d'Hänn klappen).
Déi Kanner, déi dat scho kënnen, zielen d'Silben op hir Aart a Weis of (z.B. Klëtz leeën oder op de Fangeren ofzielen).

Variant(en):
- D'Spill kann ee méi schwéier maachen, wann ee Saache mat méi Silben hëlt.
- Wann Der Kanner am Grupp hutt, déi immens staark sinn, da kënnt Dir se froen, Iech d'Unzuel vun de Silben direkt, ouni ze klappen an ouni haart virzesoen, ze verroden.

Wéi wäit däerf ech reesen?

Zil(er):
Unzuel vun de Silben erkennen

Aktivitéit:
Ee Kand steet bei der Mauer.
Déi aner Kanner stinn um aneren Enn vum Raum a froen een nom aner „Wéi wäit däerf ech reesen?"
D'Kand bei der Mauer gëtt als Äntwert z.B. Virnimm, Faarwen, Wierder zum aktuellen Thema ....
D'Kand wat gefrot huet, versicht erauszefanne wéivill Silben am Wuert dra sinn.
Doropshin dierf et esouvill Schrëtt weidergoe wéi Silben am Wuert sinn.

3.2. Silben zesummeschlëppen

Silben zu engem Wuert zesummeschlëppen

Zil(er):
D'Silbe matenee verschmëlze fir Wierder ze bilden

Material:
Bildkaarten (Link1)

Aktivitéit:
Leet de Stouss Biller mat der Zeechnung no ënnen an d'Mëtt.
Huelt dann déi éischt Kaart vum Stouss erof a sot dann den Numm vum Géigestand an der Robotersprooch (Silbesprooch).
Wann d'Kanner d'Wuert fonnt hunn, weist Dir hinnen d'Bild fir datt se selwer nokucke kënnen, ob et richteg ass.

Variant(en):
- Bastelt zesummen eng Roboterhandpopp mat beweeglechem Mond (de Ro-bi Ro-bo-ter), deen nëmmen d'Robotersprooch schwätzt (z.B. Moi-en, ech sinn de Ro-bi Ro-bo-ter). Fir mam Robi kënnen ze schwätzen, mussen d'Kanner d'Robotersprooch verstoen.
- D'Kanner kënnen och Är Roll iwwerhuele fir Wierder an der Robotersprooch ze soen an déi aner Kanner musse si da verstoen.

3.3. Gesellschaftsspiller

Silbe-Memory a Silben-Domino

Zil(er):
Am klenge Grupp mat der Silb spillen

Material:
Passend Kartrongskaarten (eventuell Holzplättercher), Schéier, Pech.....

Spillregelen:
Silbe-Memory: Dat Kand, dat zwee Biller emdréint déi d'nämmlecht vill Silben hunn, dierf dës halen.
Silben-Domino: Huet dat Bild op dem Kand senger Domino-Kaart d'nämmlecht vill Silben, wéi dat Bild vun der Domino-Kaart, déi schonns do läit, kann et seng Kaart uleeën. Fir eng Selbstkontroll ze erméiglechen, kënnt Dir esouvill Punkten op d'Récksäit molen ewéi Silben am Wuert sinn.

Aktivitéit:
Wann Dir mat Ärer Klass de Silbe-Memory oder –Domino ausschafft, ass et wichteg, datt d'Kanner schonn duerch verschidden aner Aktivitéiten, d'Sensibilitéit fir d'Silb entwéckelt hunn. Fir weider Detailer kuckt beim Reim-Domino / Reim-Memory no.

Silbolo

Zil(er):
Am klenge Grupp mat der Silb spillen

Material:
(cf. Materiallëscht am Unhang)

Wichteg!
Éier Dir op déi nächst Unitéit iwwergitt, soll d'Kand kënnen:
- Him bekannte Wierder an der Robotersprooch verstoen (d.h. Silben zu bekannte Wierder zesummeschlëppen)
- Bewosst Wierder a Silben zerleeën

Et ass wichteg, datt Dir besonnesch deene Kanner, déi nach méi Zäit brauche fir an d'Wuert eranzelauschteren, déi Zäit an der Spillschoul gitt, fir esou de Risiko vu Schwieregkeeten am Ufank vum Liesen- a Schreiweléieren ze reduzéieren!

4. Ulaut-Spiller

4.1. Klangmolerei 53
Texter mat Klangmolerei . . . . . .
Mat de Lauter aus der Sprooch spillen
4.2. D'Sprooch an d'Artikulatioun 53
D'Lauter an d'Artikulatioun
D'Fëschsprooch
4.3. Den Ulaut eraushéieren 55
Wien ass gemengt?
Wie kritt wat?
Wiem säin Ulaut passt?
Wierder, déi mat deemselwechte Laut uginn
Wéi en Ulaut fëschen ech?
4.4. Wierder zu engem Ulaut sichen 57
U wat denken ech?
Sätz mat Ulaut
Een Ulautdictionnaire
4.5. Gesellschaftsspiller 58
Ulaut-Memory an Ulaut-Domino
Initialo

Duerch d'Spill mat de Lauter aus der Sprooch (Klangmolerei) an der Artikulatioun gi mir lues op d'Lauter an de Wierder an. Am Kontext vun der Klangmolerei gëtt mat de Lauter aus der Sprooch gespillt (se gi betount, laang gezunn oder melodesch nuancéiert). Weider gëtt och den Zesummenhang tëschent der Sprooch an der Artikulatioun (Mond, Zong, Ootmung) exploréiert. **Während d'Klangmolerei en éischt Eralauschteren an d'Lauter vun der Sprooch ureegt, bitt d'Entdecke vun der Artikulatioun eng Hëllefstellung fir weider Aktivitéiten. Wann d'Artikulatioun ännert, dann ännert och de Laut.** E ganze Koup Lauter ënnerscheede sech eleng duerch d'Stellung vun de Lëpsen (wat relativ einfach ze gesinn ass). Méi schwéier ass et awer fir z.B. folgend Plosivlauter B-P, D-T a G-K ze ënnerscheeden. Dës Lauter ënnerscheede sech net duerch d'Stellung vun de Lëpsen, mee duerch d'Intensitéit vum Loftstouss, dee produzéiert gëtt. Bei P, T a K ass de Loftstouss méi fest wéi bei B, D a G (d'Kanner kënnen dat z.B. feststellen, wa si d'Handfläch oder eng Plomm no bei de Mond halen). **Datt d'Kanner och ganz spontan op d'Artikulatioun zréckgräifen, gesäit een am Ufank vum Schreiweléieren,** wa si sech e Wuert virsoe fir duerch d'Artikulatioun erauszefanne wéi eng Lauter si schreiwe sollen. Och verschidde Lies- a Schreifléierprogrammer ginn op d'Artikulatioun an. Besonnesch bei **Kanner, déi méi Schwieregkeeten hunn, d'Lauter duerch d'Lauschteren aus dem Wuert erauszehéieren** (z.B. duerch Otiten), kann d'Artikulatioun eng wichteg Hëllef sinn.

An enger 2. Etapp gëtt da méi bewosst an d'Wierder eragelauschtert. Hei gëtt mam Ulaut (deen éischte Laut am Wuert) ugefaangen. Verschidde Lauter si méi einfach ze entdecke wéi anerer:

Einfach Ulauter kann ee **laang zéien**:
Vokalen: I, O, E, U, A
Opgepasst: D'Vokale kann een zwar laang zéien, mee dacks klénge se anescht
Den ‚E' bei ‚Eemer' kléngt anescht wéi bei ‚Elefant'

Konsonanten: S, L, R, M, N, F

Méi schwéier Ulauter
- si **ganz kuerz**:
Konsonanten: B, D, G, K, P, T
- sinn **net esou däitlech ze héieren**:
Konsonanten: J, H, W

Ganz schwéier sinn Ulauter, déi sech **an enger Konsonantegrupp** verstoppen:
Konsonantegrupp: PL, KR, ST, KL, ...

Fir de Kanner eng Hëllefstellung ze ginn, fänkt Dir am beschte mat deene méi einfache Lauter un a gitt no a no op déi méi schwéier iwwer. Déi schwéier Konsonantegruppe soll een, esou wäit et geet, evitéieren. Déi méi einfach Ulauter kann ee laang zéien (z.B. AAAAAApel). Déi méi schwéier Ulauter kënnt Dir duerch d'Widderhuelen ervirsträichen (BBBBBBBier).

Bei den **Aktivitéite fir d'Sensibilitéit fir den Ulaut** ze entwéckelen, léieren d'Kanner fir d'éischt den **Ulaut aus hirem Numm erauszehéieren.** Dëst huet zwee Virdeeler. D'Kanner si stolz op hiren Numm a setze sech gären domat auserneen. Och **beim Schreiwe vun hirem Numm** hunn d'Kanner sech **schonn intensiv domat ausernee gesat.** Domat hunn déi Kanner, déi scho prett duerfir sinn, **d'Méiglechkeet, selwer den Zesummenhang zwëschent de Lauter an der Sprooch an de Buschtawen ze entdecken.** Heizou e puer Zousazinformatiounen.

Wann d'Kanner selwer op dës Entdeckungsrees ginn, dann entdécke si als éischt, datt deene Kanner, deenen hiren Numm mam nämmlechten Ulaut ugeet och mam nämmlechte Buschtaf ufänkt. Dës Kanner

hunn esou scho ganz spontan e wichtege Schrëtt an d'Richtung vum Liesen- a Schreiweléiere gemaach. Si hunn **d'Laut-Buschtaf-Korrespondenz selwer geknackt.**

Wann e Kand dëst entdeckt huet, mécht et och dacks kuerz drop déi nächst Découverte. Et gëtt och Nimm, déi zwar mam nämmlechte Laut ufänken, mee déi mat engem aneren Ufanksbuschtaf geschriwwe ginn (z.B. Kerstin, Chris, ...). Dëst ass meeschtens doduerch bedéngt, datt d'Kanner bei eis esouwuel lëtzebuergesch wéi däitsch, franséich oder englesch Nimm hunn. Dat kënnt Dir de Kanner esou erklären. Och Tatsaach, **datt net ëmmer alles d'nämmlecht geschriwwe gëtt wat d'nämmlecht kléngt,** ass eng wichteg Etapp um Wee zur Schrëftsprooch. E Beispill ass d'Verschrëftlechung vum laangen " i " am Däitschen (Biene, ihm, Benzin.....).

Komme mir erëm op d'Lauschteren zréck. No dem Lauschtere vum Ulaut am Numm gëtt an engem nächste Schrëtt probéiert, **wéi een erausfënnt, ob zwee Wierder mat deem nämmlechten Ulaut uginn** oder net. An enger leschter Etapp **sichen d'Kanner selwer Wierder zu bestëmmten Ulauter.** Ofschléissend gi **Gesellschaftsspiller** proposéiert, déi um Ulaut baséieren (Ulaut-Memory, Ulaut-Domino).

GANZ WICHTEG!
Et gëtt mat Lauter geschafft an net mat Buschtawen oder Buschtawennimm! Op kee Fall dierfen d'Lauter mat de Buschtawennimm verwiesselt ginn. Mir schwätze vun engem ‚M' an net vun engem ‚ÄM'. Et gëtt nëmmen op deem geschafft, wat mir och wierklech am Wuert héieren! Firwat soll net (weder an der Schoul nach doheem) mat Buschtawenimm, mee mat Lauter geschafft ginn? Wa mat Buschtawennimm geschafft gëtt, ass de Risiko do, datt d'Kand duerno Buschtawennimm mat de Lauter verwiesselt an z.B. dat däitscht Wuert Ente "NT" schreift, well dëst sech jo aus de Buschtawennimm ‚ÄN' (->N) an ‚TE'(->T) zesummesetzt. D'Laut-Buschtawe-Korrespondenze sinn e wichtege Schlëssel zum Liesen- a Schreiweléieren.

Parallel zu den Aktivitéiten ëm den Ulaut ass et och **interessant no a no beim Kand eng Iwwerleeung iwwer d'Schrëftsprooch ze favoriséieren.** Hei ass et flott, wann de Kanner hir geschriwwen Nimm eng Plaz an der Klassenaktivitéit hunn. Villäicht steet hiren Numm bei hirer Case, hirem Mantelbriet oder bei de klenge Chargen, déi iwwer d'Woch an der Klass verdeelt ginn (z.B. Blummen nätzen).

D'Buch a wat do drasteet kann och flott als Ausgangspunkt genotzt ginn, fir d'Nodenken iwwer d'Schrëft ze ennerstëtzen. Hei ass et interessant vun de Kanner ze wëssen, wat déi Schrëftzeechen an dem Buch heeschen. Wéi ee kann erausfannen, wat do steet. Wou dat Buch ufänkt a wou et ophält. A wat ee muss maachen, fir am Buch ze liesen. Bei all dëse Froe kënnen d'Kanner aus dem 1. Schouljoer och villäicht weiderhëllefen.

Fir d'Kand ze sensibiliséieren, **datt d'Wuert fir eng Saach steet,** ass et interessant mat Billerkaarten ze schaffen, déi op der Récksäit dat passend lëtzebuergescht Wuert stoen hunn (ouni selwer awer explizit dodrop anzegoen). Weider kann dat geschriwwent Wuert och bei aneren Aktivitéiten afléissen, ouni schoulesch agefouert ze ginn. Sou kann z.B. de Buttek an der Klass mat Këschten equipéiert ginn, wou drop steet an drop gemoolt ass, wat dran ass. Versicht d'Wuert als Symbol fir d'Saach einfach an de lafende Projet anzebezéien.

Fir de Kanner d'Geleeënheet ze ginn, **d'Schrëft als Sënnträger** iwwert Zäit ze erliewen, ass et flott, wann Dir d'Kand frot, wat et op sengem Bild gemoolt huet. Schreift dëst da kuerz drop. Sou kënnt Dir no enger Zäit dës Biller mat de Kanner eraushuelen a kucke wat si deemols gemoolt hunn. Wat weess d'Kand nach selwer doriwwer? Wat steet dobäi? Och wann d'Kand dëst Bild mat Heem hëlt an enger drëtter Persoun weist (z.B. der Mamm oder dem Papp), gesäit d'Kand, datt dat, wat Dir geschriwwen hutt, eng Bedeitung huet déi iwwert Zäit festgehale gëtt an déi vu verschiddene Leit verstane gëtt. Sou mécht d'Schreiwe Sënn fir d'Kand a motivéiert et, selwer schreiwen ze léieren.

4.1. Klangmolerei

Texter mat Klangmolerei

Zil(er):
Éischte Kontakt mat de Lauter erliewen

Material:
Passend Texter
(z.B. Geschichten aus dem Zirkus Kopplabunz oder Wau, wau, miau und kikeriki, cf. Materiallëscht am Unhang)

Aktivitéit:
Gitt beim Virdroe vun engem Text der Klangmolerei eng grouss Plaz (Betounung, Rhythmus, ...)

Variant(en):
- Maacht mat de Kanner Klangmolereien aus dem Text no a fannt mat de Kanner nei Klangmolereien (Lien mat der nächster Aktivitéit).

Mat de Lauter aus der Sprooch spillen

Zil(er):
Op d'Lauter an der Sprooch sensibiliséieren

Aktivitéit:
Ee Kand nom anere sicht sech e Geräisch eraus dat et mat senger Stëmm an enger passender Beweegung wëllt erëmginn.
(z.B. SSSSSSSSSS an de Fanger flitt wéi eng Bei, ZZZZZZZZZ an de Fanger mécht wéi d'Zong vun enger Schlaang, TschTschTsch an déi ugewénkelt Äerm gi wéi d'Rieder vun engem Zuch, WauWauWau an d'Hand geet wéi de Mond vun engem Hond op an zou...).
Wann e Kand e Geräisch mat enger Beweegung gewisen huet, roden déi aner Kanner zu wat d'Geräisch an d'Beweegunge passen.

Variant(en):
- Et ass flott, fir op dës Aart a Weis eng Geschicht mat de Kanner klanglech ze ënnermolen an nozespillen.
- Dir kënnt de Kanner nach weider Uleedunge ginn (z.B. Elo fiert den Zuch ganz ganz lues. An ëmmer e bësse méi séier. Bis e ganz séier fiert. An da bleift e stoen, fir datt d'Leit eraklammen. ....). D'Kanner iwwersetzen d'Geschicht an d'Geräischer an de Rhythmus vun der Beweegung.
- Mat dëse Klang-Elementer kënnen d'Kanner selwer eng Geschicht erfannen, déi zesummen erzielt a klanglech ënnermoolt gëtt.

4.2. D'Sprooch an d'Artikulatioun

D'Lauter an d'Artikulatioun

Zil(er):
Den Zesummenhang tëschent de Lauter an der Artikulatioun erfuerschen

Material:
Eventuell kleng Spigele fir d'Kanner

Aktivitéit:
Spillt mat de Lauter aus der Sprooch:

Mir sinn erstaunt :	OOOOOOOOOOOO
Mir sinn zefridden:	AAAAAAAAAAAAA
Mir fannen eppes net gutt:	IIIIIIIIIIIIIIIIIIIIIIIIIIIIIII
Mir hunn eppes gären:	MMMMMMMMMMM

Variant(en):
- Dir kënnt och verschidde Charakteren unhuelen: En ale Mann mat enger ganz déiwer Stëmm oder e krankt Kand mat enger ganz heeser Stëmm..... oder déi verschidden Ausdréck an eng Geschicht abauen.

An enger zweeter Phas gëtt sech méi intensiv mat der Artikulatioun vun de Lauter beschäftegt. Wat maache meng Lëpsen z.B. wann ech IIIIIII soen? Wann ech AAAA soen? Kann ech IIIIIIIII soen, wann ech mäi Mond ganz kleng a ronn maachen? D'Kanner kënnen hei op Äre Mond, op dem Noper säi Mond oder op hiren eegene Mond am Spigel kucken. Och aner Lauter kënnen exploréiert ginn (z.B. d'Ulauter vun de Kanner hiren Nimm). Eventuell kënnen d'Kanner och kucken, wat geschitt, wann Dir vun engem Laut zu engem aneren iwwergitt (I -> A).
Ganz flott kann och beim Lidd vun den ‚Drei Chinesen mit dem Kontrabass' mat de Vokale gespillt ginn. Hei gëllt et de Vokal ëmmer ërem ze änneren. Z.B. Dri Chinisin mit dim Kintribiss sitzin if der Strissi ind irzilten wis. Di kim in Pilizist, dir sigti , I wis ist dinn dis?' Dri Chinisen mit di Kintribiss. Oder: Dro Chonosen mot dom Kontroboss... Datselwecht kann och z.B. mam ‚A Ram Sam Sam' gespillt ginn (I Rim Sim Sim, U Rum Sum Sum, ...)

Interessant, mee e bësse méi schwéier, ass et den Ënnerscheed an der Artikulatioun tëschent de Lauter B-P, D-T a G-K erauszefannen.
Villäicht fannen d'Kanner dësen Ënnerscheed selwer eraus.
Wann net, haalt d'Handfläch oder eng Plomm no bei de Mond a sot B, da P. Beim P spiert een d'Loft besser wéi beim B (d'nämmlecht beim D –T a beim G-K). Nach besser gesäit een dësen Ennerscheed, wann een e klenge Wattebausch op d'Hand leet an d'Hand op Mondhéicht hält. Beim P, T a K flitt d'Watt erof. Beim B, D a G bleift se leien.

D'Fëschsprooch

Zil(er):
Op den Zesummenhang tëscht der Sprooch an der Artikulatioun sensibiliséieren

Aktivitéit:
Dir pëspert e Wuert, sou datt d'Kanner net héieren, wat Dir sot.
D'Kanner kucken dobäi op Äre Mond.
No a no sot Dir d'Wuert méi a méi haart, bis datt e Kand erausfonnt huet, wat Dir gesot hutt.
Lues a lues léieren d'Kanner d'Informatioun iwwer d'Artikulatioun bewosst ze notzen, fir d'Wierder ze erroden.

Variant(en):
- Am einfachsten ass et fir mat de Kanner hiren Nimm unzefänken. Dono kënnt Dir dës Aktivitéit och mat Wierder zum Thema maachen.

4.3. Den Ulaut eraushéieren

Wien ass gemengt?

Zil(er):
Den Ulaut bewosst am Numm eraushéieren

Aktivitéit:
Dir sicht engem Kand aus der Klass säin Numm a sot nëmmen den Ulaut vum Numm.
D'Kanner sollen unhand vun dësem Laut den Numm roden.
Zum Beispill: Den Numm fänkt mat engem , SSSS' un. Wiem säin Numm ass et?"
Am beschten, Dir wielt am Ufank nëmmen Nimm, déi mat Lauter uginn an déi laang gezu kënne ginn (z.B. SSSS, MMMM, AAAA…kuckt nach eng Kéier bei der Aféierung vum Ulaut no, wéi eng Lauter méi einfach a wéi eng méi schwéier erauszehéiere sinn).

An enger zweeter Phas kann een dann och kuerz Lauter huelen (P, T, G, B, D, G) déi een dacks muss widderhuelen (z.B. PPPPPPPP fir Patrick). D'Mondstellung kann hei och eng Hëllef sinn. Wann et virkënnt, datt méi Nimm mat deemselwechte Laut ufänken, sollen d'Kanner all déi Nimm nennen, déi mat dësem Laut ufänken. Esou kënnen d'Kanner feststellen, datt deeselwechten Ulaut a méi Wierder virkomme kann. Wichteg ass et, nëmmen op d'Gehéier an net op d'Buschtawen ze goen! (z.B. FFFFFFFF- beim Philipp)
Well d'Kanner hir Nimm scho schreiwe kënnen, entdecke si villäicht selwer, datt deeselwechte Laut a verschiddenen Nimm mat deemselwechte Buschtaf geschriwe gëtt. Wann d'Kanner scho sou wäit sinn, da wonnere si sech och villäicht, datt dat net bei all den Nimm esou ass, well mir Nimm aus verschiddene Sproochen hunn. Esou kënnt Dir de Kanner dat och erklären. An dësem Fall hunn d'Kanner scho ganz vill vum Zesummenhang zwëschent der geschwatener an der geschriwener Sprooch erausfonnt: dacks schreift een, wéi een héiert, mee dat ass net ëmmer de Fall.

Variant(en):
- Wann e Kand sech iert (z.B. d'Marie mengt, säin Numm géing mat NNNNN ufänken), da kënnt Dir zesumme mat de Kanner lauschteren an um Noper sengem Mond kucken, ob Marie mat NNNN ufänkt. Dir kënnt och den éischte Laut vum Kand sengem Numm mat dem entspriechende Laut ersetzen (‚Narie'). Dëst erlaabt, d'Kanner op den Ënnerscheed vun de Lauter (‚M'-‚N') opmierksam ze maachen. D'Mondstellung kann hei eng Hëllef sinn.

- Dir kënnt dëst Spill mat de Kanner hiren Nimm och an den Dagesoflaf afléisse loossen (z.B. déi Kanner, deenen hiren Numm mat ‚Sss' ufänkt, stelle sech fir d'éicht an d'Rei, asw.).

Wie kritt wat?

Zil(er):
Iwwer den Ulaut am Numm op den Ulaut an anere Wierder sensibiliséieren

Material:
Verschidde Géigestänn, déi mat ennerschiddleche Lauter uginn

Aktivitéit:
Verschidde Saache leien ënnert enger Decken oder an enger Këscht verstoppt.
Nodeems e Kand eng Saach ertaascht huet, gëtt se benannt an da bei dat Kand gedroen, deem säin Numm mat deemselweschten Ulaut ugeet.

Bsp.: Pärel, Päerd, Pinguin gëtt bei de Pol gedro.
Sonn, Seef, Sift gëtt bei d'Samantha gedro.

Variant(en):
- D'Kanner kënnen och selwer an der Klass Saache sichen, déi mam nämmlechten Ulaut uginn ewéi den Numm vun engem Kand aus der Klass.

Wiem säin Ulaut passt?

Zil(er):
Ulauter identifizéieren a vergläichen

Material:
Billerkaarten zu e puer Ulauter

Aktivitéit:
All Kand zitt e Bild vum Koup. Kuckt zesumme mat de Kanner, wat op de Biller drop ass.
Dat éischt Kand leet säi Bild a seet d'Wuert dozou.
Déi aner Kanner kucken, ob hiert Wuert mam nämmlechten Ulaut ugeet.
Ass dat de Fall, gëtt d'Kaart op de Koup geluecht.
Passt keng Kaart méi, leet dat nächste Kand seng Kaart, an esou weider.

Wierder, déi mat deemselwechte Laut uginn

Zil(er):
Kucken, ob zwee Wierder mat deemselwechten oder engem aneren Ulaut uginn

Material:
Billerkaarte mat deemselwechten Ulaut plus Billerkaarten zu aneren Ulauter

Aktivitéit:
Mëscht d'Biller a maacht zwee Kéip domat.
D'Kand dréint op all Koup déi iewescht Kaart ëm.
Et seet wat drop ass a kuckt, ob déi zwee Wierder mam nämmlechten Ulaut uginn.

Variant(en):
- D'Kanner spillen zu puer. Wann e Kand zwee Biller ëmdréint, déi mam nämmlechte Laut uginn, kann et d'Biller op den eegene Koup leeën. Wann dat net de Fall ass, da ginn dës Biller erausgeluecht. Dat Kand, dat zum Schluss déi meeschte Biller huet, huet gewonn.

Wéi en Ulaut fëschen ech?

Zil(er):
Kucken, ob zwee Wierder mat deemselwechten oder engem aneren Ulaut ufänken

Material:
Billerkaarten zu esouvill verschiddenen Ulauter wéi Kanner matspillen
Bürosklameren
Aangel mat Magnéit

Aktivitéit:
Dir stiecht an all Käertchen eng Bürosklammer.
Leet d'Käertercher duerno sou, datt een d'Bild net gesäit an d'Käertchen awer fësche kann.
All Kand kritt eng Billerkaart a kann nëmmen déi gefëschte Biller halen, déi mam nämmlechten Ulaut ufänke wéi d'Bild op der gefëschter Kaart.

4.4. Wierder zu engem Ulaut sichen

U wat denken ech?

Zil(er):
Wierder fannen, déi mat engem bestëmmte Laut uginn

Aktivitéit:
Bei dësem Spill geet et drëm, datt d'Kanner Saache roden, déi Dir hinne beschreift. Dir gitt hinnen Indicen a si probéieren erauszefannen, u wat Dir denkt.
Sou kënnt Dir de Kanner deen éischte Laut vun där Saach, déi Der beschreift, soen.
Duerno kënnt Der d'Saach méi genee beschreiwen (z.B. et fänkt mat „f" un. Et schwëmmt am Waasser an et kann een et iessen. Wat ass et?)

Variant(en):
- Dir kënnt och e Sak voller Saache matbréngen, an d'Kanner da rode loossen, wat an deem Sak alles dran ass. Gitt de Kanner den Ufankslaut zesumme mat verschiddenen Indicen. Wann d'Kanner d'Saachen all fonnt hunn, kënnt Der d'Ufankslauter vun de Saachen nach eng Kéier widderhuelen an d'Saachen den Ufankslauter no gruppéieren.
- Villäicht kann och schonn dat eent oder anert Kand d'Roll vum Enseignant iwwerhuelen, an de Sak gräifen an deenen anere Kanner Froe stellen

Sätz mat Ulaut

Zil(er):
Wierder sichen, déi mat engem bestëmmten Ulaut uginn

Aktivitéit:
Sot de Saz vir, an d'Kanner soen en no.
Betount den Ulaut ganz besonnesch (wann et geet, zitt e méi laang a weist op Äre Mond). Villäicht fënnt dat eent oder anert Kand och schonn zwee Wierder déi mam nämmlechte Laut uginn oder Dir fannt zesummen en neie Saz.

Lëscht mat méigleche Sätz :

Tatta Tilli tuppt Tëppelen.
Vill Vulle fléie fort .

Meng Mamm mécht mir meng Muertenzopp mat Mëllech.
Siwe Saache soe si sech séier.
Kleng Kaze krabbelen.

Hei och e lëtzebuergeschen Zongebriecher deen awer warscheinlech aus dem Däitschen iwwersat gouf:
Henckes hiren Hary

heet hannert hirem héijen Haus
haart Holz.
Hien héiert honnert Huesen haart
hannerteneen houschten.

Een Ulautdictionnaire

Zil(er):
Iwwert eng länger Zäit op den Ulaut an de Wierder oppassen

Material:
Zeitungen a Reklammebliedercher, Schéier, Pech, grousse Classeur

Aktivitéit:
D'Kanner molen zu bestëmmten Ulauter passend Biller, déi mat dem Ulaut uginn.
Dës ginn dann op eng Säit am Classeur gepecht.
No an no gëtt dësen Album dann eng Aart Ulautdictionnaire, deen d'Kanner ëmmer erëm kucken a benenne kënnen.

Variant(en):
- D'Kanner kënnen och passend Biller aus Zeitungen a Reklammebliedercher schneiden.
- All Kand kann och Saache sichen, deenen hiren Numm mat deemselwechten Ulaut ufänkt wéi dem Kand säin Numm. Op dës Säit kann och eng Foto vun deene Kanner gepecht ginn, deenen hiren Numm mat dem entspriechende Laut ugeet. Dës Kanner kënnen och hiren Numm heihinner schreiwen.
- Amplaz mat Biller ze schaffen, kënnt Dir och mat Ärer Klass z.B. en F-Säckelche maachen, wou all déi Objeten drakommen, déi d'Kanner mat dem Ulaut "F" an der Klass, dobaussen, doheem, ... fannen.

4.5. Gesellschaftsspiller

Ulaut-Memory an Ulaut-Domino

Zil(er):
Am klenge Grupp mat dem Ulaut spillen

Material:
Passend Kartrongskaarten (eventuell Holzplättercher), Schéier, Pech.....

Spillregelen:
Ulaut-Memory: Dat Kand, dat zwee Biller emdréint, déi mam nämmlechten Ulaut uginn, dierf dës halen.
Ulaut-Domino: Fänkt dat Bild op dem Kand senger Domino-Kaart mam nämmlechten Ulaut u wéi dat Bild vun der Domino-Kaart, déi schonns do läit, kann et seng Kaart uleeën. Fir eng Selbstkontroll ze erméiglechen, kënnt Dir d'Wierder op d'Récksäit schreiwen an den Ulaut ënnersträichen (meechtens ginn déi Wierder, déi mam nämmlechten Ulaut ufänken och mam nämmlechte Buschtaf geschriwwen, z.B. Bam – Bus).

Aktivitéit:
Wann Dir mat Ärer Klass den Ulaut-Memory oder –Domino ausschafft, ass et wichteg, datt

d'Kanner schonn duerch verschidden aner Aktivitéiten, d'Sensibilitéit fir den Ulaut entwéckelt hunn. Fir weider Detailer kuckt beim Reim-Domino / Reim-Memory no.

Initialo

Zil(er):
Am klenge Grupp mat dem Ulaut spillen

Material:
(cf. Materiallëscht am Unhang)

Wichteg!
Éier Dir op déi nächst Unitéit iwwergitt, soll d'Kand den Ulaut aus Wierder eraushéieren a soe kënnen, ob zwee Wierder mat deemselwechten Ulaut ufänken oder net.

Et ass wichteg, datt Dir besonnesch deene Kanner, déi nach méi Zäit brauche fir an d'Wuert eranzelauschteren, déi Zäit an der Spillschoul gitt, fir esou de Risiko vu Schwieregkeeten am Ufank vum Liesen- a Schreiweléieren ze reduzéieren!

5. Laut-Spiller

5.1. Lauter aus de Wierder eraushéieren 64
Kannernimm: Mir sichen nom...
Mir sichen nom ...
5.2. Lauter zu Wierder zesummeschlëppen 66
Wat soen ech?
Den Iwwergang an d'éischt Schouljoer virbereeden

Mat de Laut-Spiller komme mir zu där Etapp, déi ganz däitlech den Iwwergang zum Liesen- a Schreiweléiere mécht. Wéi mir an der Aleedung gesinn hunn, ass d'Entdecken an d'Uwenne vun de Laut-Buschtawe-Korrespondenzen e wichtege Schrëtt beim Liesen- a Schreiweléieren. Weider ass d'Fäegkeet, bewosst Lauter aus dem Wuert erauszehéieren, e wichtegt Element beim Entdecke vun dëse Laut-Buschtawe-Korrespondenzen.

D'Laut-Spiller baue staark op déi Fäegkeeten op, déi duerch Ulaut-Spiller entwéckelt gi sinn. Fir unzefänken, gi bestëmmte Lauter aus de Wierder erausgelauschtert. Wéi bei den Ulauter hëlleft et och hei d'Wierder laang ze zéien an op d'Mondstellung opzepassen. An engem nächste Schrëtt ginn d'Lauter zu Wierder zesummegeschlëppt (Lautsynthese). Hei ass et ganz wichteg, Wierder ze huelen, déi d'Kanner scho kennen! D'Lautsynthese kënnt dann och am éischte Schouljoer beim Liesen zum Asaz. Doduerch, datt d'Kanner ëmmer erëm héieren, wéi Dir d'Wierder a Lauter zerleet, gi si och mat der Lautanalys familiariséiert. D'Lautanalys spillt am Ufank vum 1. Schouljoer beim Schreiwen eng wichteg Roll.

Fir d'Kanner lues a lues op den Zesummenhang tëschent Lauter a Buschtawen opmierksam ze maachen, kënnt Dir de Kanner e passend Wuert op hir Zeechnung schreiwen a gläichzäiteg dëst Wuert zerleeën (z.B. ‚Sch-ë-ff' schreiwen a gläichzäiteg d'Wuert ‚Schschsch – ëëëëë – ffffff' zerleeën). Hei ass et wichteg, datt Dir och ‚Sch' schreift, wann Dir dobäi sidd ‚sch' ze soen (datselwecht gëllt fir ‚ë' an ‚ff').

5.1. Lauter aus de Wierder eraushéieren

Kannernimm: Mir sichen nom...

Zil(er):
E bestëmmtene Laut eraushéieren

Aktivitéit:
Sicht Iech den Ulaut vun engem Kand sengem Numm eraus.
Zitt dëse Laut laang (z.B. IIIIIIIsabelle) oder widderhuelt en dacks (z.B. TTTTom), wann Dir dem Kand säin Numm sot.
Widderhuelt dann den Ulaut zesumme mat de Kanner.
Maacht d'Kanner duerno opmierksam, datt den i-Laut (z.B. an Isabelle) och nach an anere Kanner hiren Nimm virkënnt (z.B. Linda, Martine, ...).
Sot dës Nimm vir andeems Der den i-Laut laang zitt.

Variant(en):
- Eventuell kann och d'Mondstellung eng Hëllef sinn. Nodeems gekuckt ginn ass, wat de Mond beim Ulaut mécht, a wat de Mond mécht, wa mir de Laut getrennt soen, gëtt dann och gekuckt, ob de Mond d'nämmlecht mécht, wa mir e bestëmmtent Wuert mat dësem Laut soen. Lauter wéi ‚A' ‚I' ‚M' ‚U'.... mat enger ganz charakteristescher Mondstellung eegene sech hei am beschten.
- Dir kënnt d'Kanner och drop opmierksam maachen, datt den i-Laut (z.B. an Isabelle) och nach an anere Wierder virkënnt (z.B. Dir, Bir, ...). Hei kann op Billerkäertercher zréckgegraff ginn. Fir all Bild gëtt gekuckt, ob en Ulaut vun engem Kand aus der Klass dran ass. Villäicht sinn och Ulauter vu verschiddene Kanner aus der Klass dran.

Mir sichen nom ...

Zil(er):
E bestëmmtene Laut aus dem Wuert eraushéieren

Material:
Eventuell Billerkaarten

Aktivitéit:
D'Fro ass, ob e bestëmmte Laut am Wuert dran ass oder net.
Hei hëlleft et d'Wuert méi laang ze zéien an op d'Mondstellung ze kucken.
An dëser Phas ass et besser sech méi laang intensiv mat engem Laut auserneen ze setzen, amplaz séier iwwer vill Lauter ewechzegoen. Sicht Wierder, déi eng Bedeitung fir d'Kanner hunn (z.B. Wierder aus dem lafende Projet).

Variant(en):
- Hei kënne Billerkäertercher mat bäigeholl ginn. Fir all Billerkäertche gëtt gekuckt, ob dee gesichte Laut dran ass. Ass en dran, da gëtt d'Käertchen op de Koup geluecht. Ass en net dran, da gëtt d'Käertchen ewechgeluecht.
- An enger nächster Etapp ass et och interessant ze kucken, ob d'Kanner selwer Wierder zu deene verschiddene Lauter fannen. Dës kënne si z.B. op e Blat molen oder an Zeitungen ausschneiden a pechen, ähnlech wéi beim Ulautdictionnaire.

z.B. Mir sichen nom "I"

Int	Bir	Bam	Fouss
Klack	Ris	Maus	Päerd
Flütt	Hond	Lineal	Sift
Kaffi	Dësch	Giraff	Igel
Liicht	Kiischt	Bulli	Bier
Schlitt	Schof	Biischt	Schëff

z.B. Mir sichen nom "A"

Af	Schal	Bam	Kiischt
Këscht	Bir	Sonn	Nol
Schaf	Haus	Käerz	Léif
Schleek	Blat	Apel	Taass
Kal	Hunn	Hond	Naass
Mond	Lut	Gras	Pull

z.B. Mir sichen nom "E"

Seef	Been	Täsch	Blat
Klack	Sonn	Leeder	See
Meedchen	Maus	Banann	Eisen
Nuddel	Wee	Haus	Nol
Hunn	Ee	Kleeder	Reen

z.B. Mir sichen nom "O"

Sonn	Haus	Hond	Ronn
Schleek	Gromper	Nues	Waasser
Stonn	Apel	Klack	Taass
Maus	Bir	Mond	Plomm

z.B. Mir sichen nom "U"

Buch	Maus	Turnen	Plomm
Bir	Duch	Apel	Lutsch
Nol	Réi	Af	Waasser
Hut	Lafen	Fueren	Ball
Haus	Bidden	Rutschbunn	Dusch

Dës Aktivitéit kann och mat anere Lauter duerchgefouert ginn:
Hei nach eng Kéier déi verschidde Schwieregkeetsgraden

- **Einfach Lauter,** déi ee laang zéie kann:
Vokalen: I, O, E, U, A
Konsonanten: S, F, L, R, M, N

- **Méi schwéier** Lauter, déi méi kuerz sinn:
Konsonanten: B, D, G, K, P, T

Oder net esou däitlech ze héiere sinn:
Konsonanten: J, H, W

- **Ganz schwéier** (an éischter ze evitéieren) Lauter, déi sech an enger Konsonantegrupp verstoppen:
Konsonantegrupp PL, KR, ST, TL....

Fir de Kanner ze hëllefen, sot Dir d'Wuert, andeems datt Dir déi eenzel Lauter aus dem Wuert laang zitt. Eventuell kann och d'Mondstellung eng Hëllef sinn.

Wa verschidde Lauter eenzel erausgehéiert goufen, kënnt Dir och no an no méi Lauter mateneen aus de Wierder eraushéieren.

5.2. Lauter zu Wierder zesummeschlëppen

Wat soen ech?

Zil(er):
Lauter zu engem Wuert zesummezeschlëppen

Material:
Eventuell Baukastesteng (Cuben)
Billerkaarten

Aktivitéit:
Huelt fir unzefänken, Billerkaarte mat Wierder, déi zwee Lauter hunn, a leet se deen ëmgedréintene Wee an de Krees.
Zerleet dann d'Wuert zum Bild an déi eenzel Lauter a maacht tëscht all Laut eng Paus.
Wat d'Paus méi kuerz ass, wat et méi einfach ass, d'Wuert ze erroden.
Rot de Kanner op Äre Mond ze kucken, wann Dir d'Wuert fir d'éischt esou zerleet.

Variant(en):
- Méi einfach: loosst d'Wuert a Form vun engem Rätsel erroden. Z.B. „Ech schneiden d'Holz mat enger ... (S-ee)." Wann d'Kanner d'Wuert net erroden, kënnt Dir och Pantomime maachen, déi de Kanner op d'Spréng hëllefen.

- Wann Dir e Kand an der Klass hutt, dat ganz staark am Zerleeën ass, kënnt Dir et och selwer d'Wuert zerleeë loossen. Wann dëst Kand am Ufank d'Wierder nach net ganz zerleet, kann et Iech säin zerluechtent Wuert fir d'éischt an d'Ouer pësperen.

Hei ass et ganz wichteg Wierder ze huelen, déi d'Kanner scho kennen!

z.B. Wierder mat 2 Lauter:

a-f	Af	w-o	Wo
ei-l	Eil	w-ee	Wee
s-éi	Séi	r-éi	Réi
äi-s	Äis	s-ee	See

z.B. Wierder mat 3 Lauter:

i-n-t	Int	sch-o-ng	Schong
f-ë-sch	Fësch	l-a-ch	Lach
sch-a-f	Schaf	m-a-nn	Mann
sch-ë-ff	Schëff	n-o-l	Nol
s-o-nn	Sonn	m-au-s	Maus
sch-o-f	Schof	n-o-ss	Noss
f-ou-ss	Fouss	r-ee-n	Reen
s-ee-f	Seef	h-au-s	Haus
m-é-ck	Méck	h-u-tt	Hutt
l-i-dd	Lidd	b-a-ll	Ball
s-a-k	Sak	b-au-ch	Bauch
au-t-o	Auto	k-u-ss	Kuss
b-a-m	Bam	b-e-tt	Bett

z.B. Wierder mat 4 Lauter:

s-a-n-d	Sand	l-ë-p-s	Lëps
s-a-l-z	Salz	l-uu-ch-t	Luucht
s-i-f-t	Sift	l-o-f-t	Loft
g-ä-n-s	Gäns	m-o-n-d	Mond
k-a-n-d	Kand	n-a-sch-t	Nascht
b-aa-r-t	Baart	k-ë-sch-t	Këscht
ei-s-e-n	Eisen	G-l-a-s	Glas
t-aa-r-t	Taart	F-l-a-m	Flam
b-é-ck-s	Béchs	Sch-l-aa-ng	Schlaang
g-aa-r-t	Gaart	b-r-ou-t	Brout
i-g-e-l	Igel	b-l-u-mm	Blumm
k-r-a-n	Kran	b-r-ë-ll	Brëll

Den Iwwergang an d'éischt Schouljoer virbereeden
Interessant ass et, **Kontakt mat dem Enseignant aus dem 1. Schouljoer opzehuelen** an hien ze informéieren, wat Dir mat Ärer Klass iwwer d'Joer gemaach hutt. Weider ass et och gutt, wann Dir dësem Enseignant matdeelt, wat d'Kanner scho gutt kënnen, a wat nach schwéier fir dat eent oder anert ass. Dëst erlaabt méi eng geziilte Förderung vun Ufank un an de Risiko vu Lies- a Schreifschwieregkeete ka reduzéiert ginn. Fir den Iwwergang an d'éischt Schouljoer méi fléissend ze gestalten, kann den Enseignant aus dem 1. Schouljoer verschidden Aktivitéiten aus der Spillschoul am Ufank vum Joer mat abezéien. Den Iwwergang vum Laut op de Buschtaf mécht sech ganz einfach. Dëst hëlleft och de Kanner, déi nach méi Schwieregkeeten hunn an d'Wuert eranzelauschteren.

Fir déi Kanner, **déi nach en drëtt Joer an der Spillschoul bleiwen,** fir sech besser op d'éischt Schouljoer virzebereeden, ass d'Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet och e ganz wichtegt Element.

Villäicht kommen d'Kanner aus dem 1. Schouljoer eng Kéier en Text bei Iech an de Préscolaire virliesen, fir datt d'Kanner aus Ärer Klass gesinn, wat een alles am 1. Schouljoer léiert. Bei dëser Geleeënheet kënne si och dat liesen, wat Dir op de Kanner hir Zeechnunge geschriwwen hutt, während d'Kanner aus der Spillschoul erzielen, wat op hirem Bild alles ze gesinn ass. D'Kanner aus dem 1. Schouljoer wësse bestëmmt vill iwwer d'Liesen a Schreiwen ze erzielen.

Materiallëscht

1. Lauschterspiller

Color-Cards Geräusche drinnen Geräusche draussen Gräichkassett	Gottmadingen: Schubi Verlag Tel: 0049 / 7731 / 97 23 0 Ref. 717 60 (Geräusche drinnen) Ref. 717 61 (Geräusche draussen) (just am Katalog a net um Internet ze fannen)

Op Kassett enregistréiert Geräischer aus dem Kand sengem Alldag (Geräusche drinnen) oder méi ongewinnte Geräischer (Geräusche draussen) esou wéi dozoupassend Biller.

Detektiv Langohr - Geräusche CD-Rom, Audio-CD a Billerkäertercher	Konstanz: Trialogo Verlag www.trialogo.de Tel: 0049 / 7531 / 128360

Dës Spillkëscht mat CD-Rom, Audio-CD a Billerkäertercher bitt eng grouss Variatioun vu Lauschterspiller (genee lauschteren, lokaliséiere vu Geräischer, kategoriséiere vu Geräischer, associéiere vu Geräischer, ...).

Klanglotto 1 Gesellschaftsspill mat Kassett	Gottmadingen: Schubi Verlag www.schubi.de Tel: 0049 / 7731 / 97 23 0 Ref. 717 73

Kassett mat 36 Geräischer aus dem Alldag déi a 4 ënnerschiddlech Reiefollge kommen. D'Kanner sichen déi passend Biller op hirer Lottokaart.

Wau, wau, miau und kikeriki Billerbuch fir matzemaachen	Morkowska, E. (2000) Linz: Veritas Verlag ISBN 3-7058-5527-1

E Mat-Maach-Buch, dat op all Säit vun enger Persoun oder engem Déier verzielt, déi sangen, schwätzen, Geräischer maachen,… D'Kanner sollen déi verschidde Lauter nomaachen.

Fitifax	Dieschburg, C., Tholl-Hoesdorff,M., & Wantz, M. (2003) Luxembourg: Éducation Nationale ISBN 2-495-00514-4

Am Deel 'Ich höre' kënnen ënnerschiddlech Geräischer aus dem Zoo gelauschtert ginn (Geräischer vun Déieren wéi och aner Geräischer).

2. Reimspiller a Gedichter

Zinglabumm (1) **Lidder a Gedichter mat CD**	D'IN.E.C.C. an Zesummenaarbecht mam Kulturministère ISBN 0418500053 (och um Campus Walfer an der Bibliothéik ze fannen)

Lidder, Fanger-Spiller, Dänz, Hutschel-Spiller, Geschichten, Beweegungs-Spiller, Krees-Spiller a Spréchelcher an enger bonter Mëschung. E ganz flott Material fir mam Klang a mam Rhythmus vun der Sprooch ze spillen.

Benji – Butzemann **Musik - CD**	Ettelbrück: Benjamin-Cub www.benjamin-club.lu/projet3.html Tel: 81 12 98

CD mat Lidder, Gedichter a Kannerreimer aus verschidde Länner an a verschiddene Sproochen. Eng flott Méiglechkeet fir iwwer déi friem Sprooch op de Klang vun der Sprooch ze sensibiliséieren.

Op der Rees **Reimgeschichten**	Hoscheit, J., & Demart, M. (1994) Luxembourg: Editions Revue ISBN 9199990016 (och um Campus Walfer an der Bibliothéik ze fannen)

Reimgeschichte wouvun déi eng oder aner flott an der Spillschoul kann agesat ginn.

3. Silbespiller

Silbolo **Kaartespill**	Köln: Lingoplay www.lingoplay.de (Beräich: Vor-und Grundschule / Lesen + Schreiben) Tel: 0049 / 221 / 31043-17

Faarwegt Kaartespill mat 30 Billerkaarte fir 2-6 Spiller fir d'Zerleeë vu Wierder a Silben ze förderen.

Klick mam Nick **CD- Rom**	Luxembourg: Éducation Nationale

Een Aktivitéitsberäich: Silbeklappen - 3 verschidden Niveauen.

4. Texter mat Klangmolerei

Geschichten aus dem Zirkus Kopplabunz Billerbuch mat Klangmolerei	Hoscheit, J., & Demart, M. (1995) Luxembourg: Benjamin Club & G.E.A.D. asbl ISBN 2-919870-00-9 http://www.benjamin-club.lu/projet3.html

Buch mat 17 klengen illustréierte lëtzebuergesche Geschichten. Beim Virdroe vun den Texter mat Klangmolerei ass et ganz wichteg dës Spillerei mat de Kläng vun der Sprooch duerch d'Betounung ze ënnersträichen. Besonnesch d'Geschicht ‚Eng schwéier Sprooch' ass e ganz flotten Astig an d'Lauter.

Wau, wau, miau und kikeriki Billerbuch mat Klangmolerei	Morkowska, E. (2000) Linz: Veritas Verlag ISBN 3-7058-5527-1

Fir eng kuerz Beschreiwung, kuckt bei der Materiallëscht fir d'Lauschterspiller.

5. Sprooch an d'Artikulatioun

Komm, wir spielen Sprache Buch mat Sproochspiller	Nienkerke-Springer, A., & Beudels, W. (2003). Dortmund: borgmann ISBN 3-86145-208-1

Handbuch fir d'psychomotoresch Förderung vu Sprooch a Stëmme fir eng ganzheetlech Entwécklung vun deenen 3 Beräicher.

Spiele zur Sprachförderung Band 1 Buch mat Sproochspiller	Monschein, M. (2003) München: Don Bosco ISBN 3-7698-0892-4

Kleng Spiller zur akustescher Wahrnehmung, zur Mondmotorik an zu verschiddene Lauter sinn an dësem Buch enthalen.

Warum gähnt das Nilpferd? Billerbuch fir d'Mondmotorik	Morkowska, E. (2000) Linz: Veritas Verlag ISBN 3-7058-5510-7

E klengt Mat-Maach-Buch mat faarwege Biller, dat op all Säit vun engem aneren Déier erzielt, dat ëmmer eng Übung mécht, déi d'Kanner nomaache sollen. Op dës Aart a Weis gëtt virun allem d'Mondmotorik (Mond, Zong, Lëpsen) gefördert.

6. Ulautspiller

Eric Carles Tier-ABC **Billerbuch mat Ulaut-Rätsel**	Jacoby, E. (1999) Hildesheim: Gerstenberg Verlag ISBN: 3-8067-4281-2

E Buch mat schéine Biller a klengem Text, fir d'Déierennimm zum passenden Ulaut ze roden. Ausser beim Séihond (Walross) a bei der Giraff (Giraffe), passt den Ulaut esouwuel op de lëtzebuergeschen ewéi och op den däitschen Déierennumm.

Klick mam Nick **CD-Rom**	Luxembourg: Éducation Nationale

Een Aktivitéitsberäich:Ulautspill mat dräi verschidde Spillniveauen.

Initialo **Kaartespill**	Köln: Lingoplay www.lingoplay.de (Beräich: Vor-und Grundschule / Lesen + Schreiben) Tel: 0049 / 221 / 31043-17

Faarwegt Kaartespill mat 15 Bildkaartepäerercher fir 2 Spiller fir d'Erkenne vun 2 Wierder mat deemselwechten Ulaut ze förderen. Dëst däitscht Spill kann op Lëtzebuergesch gespillt ginn, wann een d'Kaartepäerchen „Rabe-Rose" eraushëlt.

7. Spiller an Aktivitéitssammlungen an anere Sproochen

Burger-Gartner, J. & Heber, D. (2003). *Auditive Verarbeitungs- und Wahrnehmungsleistungen bei Vorschulkindern. Diagnostik und Therapie.* Dortmund: verlag modernes lernen Borgmann.

Jager-Adams, M., Foorman, B. R., Lundberg, I. & Beller, T. (1997). *Phonemic Awareness in Young Children.* Maryland: Paul H. Brookes Publishing.

Küspert, P. & Schneider, W. (1999). *Hören, lauschen, lernen.* Göttingen: Vandenhoeck & Ruprecht.

Martschinke S., Kirschhock, E.-M., & Frank A. (2002). *Der Rundgang durch Hörhausen. Erhebungsverfahren zur phonologischen Bewusstheit.* Donauwörth: Ludwig Auer GmbH.

Forster, M., & Martschinke S. (2002). *Leichter lesen und schreiben lernen mit der Hexe Susi.* Donauwörth: Ludwig Auer GmbH.

Stanké, B. (2000). *Conscience phonologique.* Montréal: Chenelière/McGraw-Hill.

Index

Aféierung 9

1. Sënn an Zweck vun der Entwécklung vun der phonologescher Bewosstheet 11
1.1. D'Sproochbewosstheet allgemeng 11
1.2. Wat heescht ‚phonologesch Bewosstheet' ? 11
1.3. D'phonologesch Bewosstheet an d'Liesen- a Schreiweléieren 12
1.3.1. Den direkten Zesummenhang mat der Sensibilitéit fir de Laut
1.3.2. Den Zesummenhang mat der Sensibilitéit fir d'Silb
1.3.3. Den Zesummenhang mat der Sensibilitéit fir de Reim
1.4. Positiv Konsequenze vun der fréier Förderung 13
1.5. D'Phonologesch Bewosstheet: E wichtege Baustee vu villen 14

2. Wéi ka mat dëser Spillkëscht geschafft ginn? 15
2.1. Vum Einfachen zum méi Schwéieren 15
2.2. Besser regelméisseg e bësse wéi heinsdo ganz vill 15
2.3. Individuell Ënnerscheeder 16
2.4. Fir eng ganzheetlech Förderung vum Kand 16
2.5. U wien adresséiert sech dës Spillkëscht ? 16
2.5.1. Fir d'Aarbecht mat de Kanner aus dem 1. an 2. Spillschoulsjoer
2.5.2. Fir d'Aarbecht mat de Kanner, déi net Lëtzebuergesch doheem schwätzen
2.5.3. Fir d'Aarbecht mat de Kanner, déi keng kloer Aussprooch hunn
2.6. Nach e puer praktesch Informatiounen 17

3. Bibliographie 18

Spiller 21

1. Lauschter-Spiller 23
1.1. Geräischer lauschteren 25
Geräischer ronderëm eis
Geräischer lauschteren an erkennen
Geräischer erëm erkennen
Wéi eng Këscht kléngt d'nämmlecht?
Geräischer erkennen
1.2. Geräischer maachen 27
Mir maache Geräischer mat eisem Kierper
Mir maache Geräischer
1.3. Geräischer – e bësse méi schwéier 28
Wou geet et hin?
Vu wou kënnt de Kaméidi ?

Wee kënnt am noosten?
Héich Téin – Déif Téin
1.4. Mat der Stëmm spillen 30
Mir maache Geräischer mat eiser Stëmm no
Mir spille mat eiser Stëmm
Wie sinn ech ?
Weess Du wien et ass?
1.5. Op déi geschwate Sprooch lauschteren 31
Wiem säin Numm gëtt gesot?
Wat hues du gesot?
Lauschter, wat pësperen ech ?
2. Reim-Spiller 33
2.1. Op de Reim lauschteren 36
Gedichter, Lidder a Kannerspréchelcher
Wéi e Wuert reimt hei?
Reimgeschichten
2.2. Reimer fannen 37
Kanns de reimen?
Zauberspréch
Kribbelspill
Reimwierder
Ee Reimdictionnaire
2.3. Gesellschaftsspiller 39
Reim-Memory a Reim-Domino

3. Silbe-Spiller 41
3.1. D'Silb an de Rhythmus 44
Ofzielreimer
Nimm klappen
Beweegung am Rhythmus vun der Sprooch
Robotersprooch
Silbe vun den Nimm zielen
Gräif an d'Këscht!
Wéi wäit däerf ech reesen?
3.2. Silben zesummeschlëppen 47
Silben zu engem Wuert zesummeschlëppen
3.3. Gesellschaftsspiller 47
Silbe-Memory a Silben-Domino
Silbolo

4. Ulaut-Spiller 49
4.1. Klangmolerei 53
Texter mat Klangmolerei . . . . . .
Mat de Lauter aus der Sprooch spillen
4.2. D'Sprooch an d'Artikulatioun 53
D'Lauter an d'Artikulatioun
D'Fëschsprooch
4.3. Den Ulaut eraushéieren 55
Wien ass gemengt?
Wie kritt wat?
Wiem säin Ulaut passt?
Wierder, déi mat deemselwechte Laut uginn
Wéi en Ulaut fëschen ech?
4.4. Wierder zu engem Ulaut sichen 57
U wat denken ech?
Sätz mat Ulaut
Een Ulautdictionnaire
4.5. Gesellschaftsspiller 58
Ulaut-Memory an Ulaut-Domino
Initialo

5. Laut-Spiller 61
5.1. Lauter aus de Wierder eraushéieren 64
Kannernimm: Mir sichen nom...
Mir sichen nom ...
5.2. Lauter zu Wierder zesummeschlëppen 66
Wat soen ech?
Den Iwwergang an d'éischt Schouljoer virbereeden

Materiallëscht 69
1. Lauschter-Spiller 70
2. Reimspiller a Gedichter 71
3. Silbespiller 71
4. Texter mat Klangmolerei 72
5. Sprooch an d'Artikulatioun 72
6. Ulautspiller 73
7. Spiller an Aktivitéitssammlungen an anere Sproochen 73

9 782879 531076